
Scouts
Bichelchen
fnel
scouts & guides

# Dat heiten ass mäi Scoutsbichelchen

Ech sinn den/d': ______________________________

Ech si beim Grupp vun den: ______________________________

An ech sinn an der Patrull: ______________________________

Ech wunnen zu (komplett Adress): ______________________________

______________________________

A meng Telefonsnummer ass: ______________________________

Ech si gebuer den (wéini a wou): ______________________________

Meng Matricules-Nummer ass: ______________________________

Ech hunn eng Allergie(en): Jo ☐ Nee ☐
Bei jo, wéi eng: ______________________________

Ech war an de Wëllefcher vun: __________ bis __________

An ech hat dës Feiler:








Leaping-Wolf:




An dës Badger:



# 1. Scoutismus

## 1.1. Baden-Powell (BP), Grënner vun de Scouten a Guiden





### Säi Liewen

De BP (Baden Powell) gouf den 22. Februar 1857 zu London gebuer.

Säi Papp ass gestuerwen, wéi hien 3 Joer al war. An senger Schoulzäit huet hie gemierkt, datt hie sech immens fir d'Natur interesséiert. Oft huet hie sech mat senge Frënn getraff fir d'Natur an d'Déieren ze observéieren.

Nom Ofschlossexame goung hien an di englesch Arméi a gouf a Südafrika stationéiert.

Hie krut den Uerder, fir den Ashanti-Häuptling Pempreh festzehuelen. Op dëser Juegd gouf hie mat deene verschiddene Methode vu Spuerenliesen an Orientéierung bekannt gemaach. Wärend dëser Expeditioun huet hien och säin éischt Buch (Aids for Scouting) geschriwwen.

**1899**

Gouf hie wärend dem Burekrich zu Mafeking stationéiert. Mafeking gouf vun enger Iwwerzuel vu Bure belagert. Wärend der Belagerung a wéinst Mangel u Leit huet hien eng Trupp vu Jongen op d'Bee gestallt, déi Messagen iwwerbruecht hunn a déi feindlech Stellungen observéiert hunn. Dobäi huet de BP schonns festgestallt, dass déi Jonk zu grousse Leeschtungen a Verantwortunge capabel waren.

**1907**

Ass hien aus der Arméi ausgetrueden, fir sech ganz der Jugendaarbecht ze widmen. Hie grënnt Scouten a mëscht mat 22 Jongen aus verschiddene Gesellschaftsschichten den 1. Camp op Brownsea Island. Dem BP säi Geheimnis war et, fir aus der Trupp kleng Patrullen ze maachen, wëlls de aus klenge Gruppe méi Responsabilitéit léiers.

**1908**

Schreift hien e Buch iwwert de Scoutismus mam Titel « Scouting for Boys »

**1909**

War den éischte Pow-Wow zu London am Crystal-Palace mat iwwer 11.000 Scouten. Bei dësem Pow-wow waren och déi éischt Meedercher derbäi, wat de BP dozou bruecht huet, säi Buch « Scouting for Boys » fir Meedercher ëmzeschreiwen.

**1912**

Huet de BP sech mam Olave St. Claire Soames bestuet. Zesumme krute si 3 Kanner.

**1916**

Huet de BP d'Wëllefcher gegrënnt.

**1919**

Kréien d'Scouten de Gilwell Park bei London fir Ausbildungszwecker geschenkt. Fir Formatiounszwecker ginn haut nach Cheffen aus der ganzer Welt dohin.

D'Rover sinn an d'Liewe geruff ginn.

**1920**

War e wichtegt Joer fir de BP. Zu London gouf den éischte Jamboree ofgehalen. 8.000 Scouten aus 27 Länner hunn matgemaach. De BP gouf hei zum eenzegen « Chief Scout of the World » ernannt.

**1929**

Ass hien zum Lord geadelt gi mam Titel
« Lord Robert Baden-Powell of Gilwell ».

**1937**

Beim Jamboree an Holland war de leschten ëffentlechen Optrëtt vum BP. Hei seet hien de Scouten Äddi a fuerdert déi jonk Generatioun op, mat sengem Wierk weiderzefueren.

**1941**

Den 8. Januar 1941 stierft hien zu Nyeri am Kenya.

## Dem BP seng Zieler

- De Charakter an der Jugend ze stäerken.
- Di Jugendlech zu nëtzleche Bierger ze maachen.
- Di sozial Ënnerscheeder duerch uniform Kleedung verdecken.
- D'Gesondheet vun der Jugend duerch Sport, Spiller an Natur ze fuerderen.

## Dem BP seng Methoden

Patrullensystem.

D'Zesummeliewen am klenge Grupp léiert eis d'sozial Dimensioun vum Scoutismus. Jongen a Meedercher erliewen de Scoutismus an engem gemeinsame Programm. Jonk an Al schaffen am Respekt zesummen a profitéiere vun hiren Ënnerscheeder an Ideeën, Erfarungen an Opfaassungen. De Scout lieft zesumme mat senge Frënn an enger Patrull, enger Equipe vu 6-8 Jongen a Meedercher. An der Patrull huet jidderee seng Charge a Verantwortung, sief et am Spill oder an der Aktioun. Jidderee soll seng Responsabilitéit iwwerhuelen.

Leedung duerch nëmme wéineg Erwuessener.



Duerch dës Methoden, soll de Scout fréi léiere Responsabilitéit Vis-à-vis vu senge Matmënschen, senger Ëmwelt a sech selwer anzehuelen.

### Learning by doing.

Duerch d'Selwermaache léiert e Scout seng Talenter a Fäegkeeten entwéckelen an engem dem Alter ugepasste Programm. E leiert sech an alle sengen Dimensiounen, Kierper, Geescht a Charakter kennen. Heibäi hëllefen him Virbiller an d'Léieren aus Feeler, perséinleche Fortschrëtt ze maachen.

### Dem Alter ugepasste Programm.

(Beaver/Wëllefcher/Scouten/Explorer/Rover/Tembo)
Duerch d'Selwermaache léiert e Scout seng Talenter a Fäegkeet en entwéckelen, an engem dem Alter ugepasste Programm.

### Perséinlech Progressioun.

Als Scout ass et wichteg, all seng Fäegkeeten ze notzen, fir un sech ze schaffen, seng Eegestännegkeet ze vergréisseren, seng Perséinlechkeet ze stäerken an doduerch besser ze liewen.

### Scoutsgesetz als Richtlinn an d'Scoutsverspriechen als dreiwend Kraaft.

Mat engem Versprieche verflicht e Scout sech géintiwwer engem oder méi aneren eppes ze maachen oder z'ënnerloossen. E Scout engagéiert sech domat fräiwëlleg vis-à-vis vun sech an deenen aneren, vu senge Frënn bei de Scouten, am Grupp, bei der FNEL, zu Lëtzebuerg an an der Welt. Des Wäerter sollen him de Wee weisen, wéi hien seng Flichte kann erreechen.

## Zesummen an, a mat der Natur.

Duerch d'Spill an d'Liewen an a mat der Natur, léiert hien seng Roll am Eco-System ze verstoen. De Scout gëtt vu Klengem u geléiert, d'Natur ze respektéieren an sech aktiv fir d'Ëmwelt ze engagéieren.

## Gesellschaftlech Responsabilitéit.

Am BP sengem leschte Bréif schreift hien: ***Try to leave this world a little better than you found it.*** Hei ka jidderee eenzelen dozou bäidroen, d'Welt e bësse besser ze verloossen, wéi mer se virfonnt hunn.



## Dem BP säi leschte Bréif :

*Léif Scouten,*

*Am Theaterstéck " Peter Pan", dat dir vläicht kennt, ass de Piratenhäuptling dauernd derbäi, fir seng Sonndesried ze schreiwen, aus Angscht, dass wann seng Stonn géing kommen, hie keng Zäit méi dofir hätt. Mir geet et ganz änlech. Ech leien zwar net um Stierwen, awer den Dag ass net méi wäit. Dofir géif ech nach gären eng Kéier e Wuert un iech riichten. Denkt drun, dass dat hei meng lescht Noriicht un iech ass.*

*Mäi Liewe war glécklech, an ech géif mer wënschen, dass jidderee vun iech grad esou glécklech lieft.*

*Ech mengen, Gott huet eis op des Welt gesat, fir dorop glécklech ze sinn, an eis um Liewen ze freeën. D'Gléck ass net d'Folleg vu Räichtum an Erfolleg am Beruff an nach manner fir net streng mat sech selwer ze sinn. E wichtege Schrëtt zum Gléck besteet doranner, dass der iech nëtzlech maacht an dass der Freed um Liewe kritt, wann der emol Männer gitt.*

*D'Studéiere vun der Natur wäert iech all Schéinheeten a Wonnere weisen, mat deene Gott d'Welt zu onser Freed ausgestatt huet. Sidd zefridde mat deem, wat iech ginn ass, a maacht dee bescht méigleche Gebrauch dovun. Probéiert bei allem, dat Bescht draus ze maachen. Dat eigentlecht Gléck awer fannt der doran, datt der déi aner glécklech maacht.*

*Versicht, d'Welt e bësse besser zréckzeloossen, wéi der se virfonnt hutt. Wann äert Liewen zu Enn geet, kënnt der roueg stierwen am Bewosstsinn är Zäit net verschwent zu hunn.*

*Sidd an dësem Sënn "Ëmmer Bereet", fir glécklech ze liewen a glécklech ze stierwen. Haalt iech ëmmer un d'Scoutsverspriechen, och dann, wann der keng Bouwe méi sidd.*

*Äre Frënd*
*Baden-Powell of Gilwell*

Dear Scouts,

If you have ever seen the play 'Peter Pan' you will remember how the pirate chief was always making his dying speech because he was afraid that possibly when the time came for him to die he might not have time to get it off his chest. It is much the same with me, and so, although I am not at this moment dying, I shall be doing so one of these days and I want to send you a parting word of good-bye.

Remember, it is the last you will ever hear from me, so think it over.

I have had a most happy life and I want each one of you to have as happy a life too.

I believe that God put us in this jolly world to be happy and enjoy life. Happiness doesn't come from being rich, nor merely from being successful in your career, nor by self-indulgence. One step towards happiness is to make yourself healthy and strong while you are a boy, so that you can be useful and so can enjoy life when you are a man.

Nature study will show you how full of beautiful and wonderful things God has made the world for you to enjoy. Be contented with what you have got and make the best of it. Look on the bright side of things instead of the gloomy one.

But the real way to get happiness is by giving out happiness to other people. Try and leave this world a little better than you found it and when your turn comes to die, you can die happy in feeling that at any rate you have not wasted your time but have done your best. 'Be Prepared' in this way, to live happy and to die happy - stick to your Scout promise always - even after you have ceased to be a boy - and God help you to do it.

Your Friend,

Robert Baden-Powell

**Wat setz du dir fir déng Scoutszäit als Zil?**

## 1.2. Internationale Scoutismus

### WOSM

De Begrëff WOSM bedeit: World Organization of Scout Movement, wat souvill heescht wéi d'ScoutsOrganisatioun vun der Welt. Op Franséisch heescht d'Organisatioun OMMS (Organisation Mondiale du Mouvement Scout). Si ass aktiven Member vun der UNO an huet do een Statut A.

WOSM ass een non-formellt (dat heescht keng klassesch "Schoul") edukatiivt Mouvement, dat den Kanner a Jonken, onofhängeg vun hirer Hierkonft, well Wäerter an Outilen vermëttelen fir spéider aktiv a responsabel Bierger an eiser Gesellschaft ze ginn an esou zu de Leader vu muer erunzewuessen an eng Platz als aktiven Bierger an eiser Gesellschaft ze ginn. Eng Kärvaleur vun WOSM ass och déi

international Solidaritéit an d'Oppenheet vis-à-vis vun allen Kulturen.

Dozou gehéiere momentan 50 Millioune Scouten aus 200 Länner. Et kann een also festhalen, dat WOSM zu deene gréissten Kanner- a Jugendorganisatioune vun der Welt gehéiert.

D'Haaptroll vun WOSM ass, zesummen mat hirem Bureau exécutif an hirem Comité vun 12 Memberen, déi aus alle Regioune vun der Welt kommen, d'Scouten aus der ganzer Welt ze representéieren an fir hier Interessi'en anzestoen.

WOSM organiséiert eng Welt- an sechs Regiounskonferenzen, grouss Scoutsversammelungen, op deene zesummen déi wichtegst Prioritéiten festgeluecht ginn fir déi nächst 3 Joer: dat kann Klimaschutz sinn, Responsabilitéit vun Jonken an der Gesellschaft oder aner wichteg Ziler. Dës verfollegen mir dann all op der Welt gemeinsam, fir esou zu enger Unitéit zesummenzewuessen.

1999 huet WOSM sech eng gemeinsam Missioun festgeluecht: „De Scoutismus huet als Missioun – op Basis vun den Wäerter vun dem Verspriechen an dem Scoutsgesetz – fir zu der Erzéiung vun Jonken matzewierken fir esou eng besser Welt ze schafen, an där et Mënschen ginn, déi zefridden sinn an prett sinn, fir eng aktiv Roll an hire Gesellschaften ze spillen."

Eppes, wat een am Motto vun der FNEL erëmfënnt: „Zesummen, fir eng besser Welt!".

WOSM steet also als Synonym dofir, datt et op der ganzer Welt vill Scouten ginn, déi all zesummen een Zil hunn – sech fir eng besser Welt anzesetzen. Dofir bass du een vun deenen villen Scouten op der Welt, déi sech fir dat Selwescht asetzen.

Nieft WOSM gëtt et WAGGGS, World Association of Girl Guides and Girl Scouts, déi sech haaptsächlech un jonk Meedercher an Fraen riicht an esou hier Interessi'en verdeedegt. Si gouf vum Baden-Powell senger Fra, der Olave Baden-Powell, gegrënnt.

## Jamboree

Et ginn e puer Platzen, wou d'Scouten aus der ganzer Welt sech kënnen treffen. Eng vun de Platzen sinn déi sougenannte „Scoutszentren"; du hues vlaicht schonn vun „Kandersteg" héieren. Dëst ass ee groussen Scoutschalet, wou Scouten aus aller Welt kënnen een Camp verbréngen an un Aktivitéiten deelhuelen.

Esou Zentren ginn et op all Kontinent.

Dann ginn et och speziell Camp'en: nieft deenen verschiddene nationale Camp'en (wéi den Together zu Lëtzebuerg, am Joer 2014) ginn et vill verschidden international Camp'en, un deenen een mat senger Trupp kann deelhuelen.

Ee wichtegen Rendez-vous ass allerdéngs och den WSJ, den World Scout Jamboree.

De World Jamboree ass e vum WOSM organiséierte Camp, deen all véier Joer, an engem anere Land, stattfënnt. Dat Wuert „Jamboree" huet seng Wuerzelen am Indianeschen an bedeit „Frëndlecht Zesummentreffe vun all de Stämm". Bis 1983, hunn just Jongen un engem Jamboree deelgeholl, eréischt dunn hunn och Meedercher duerfe matmaachen. D'Scouten, déi un engem Jamboree duerfen deelhuelen, sinn tëschent 14 an 18 Joer al. Et ass eng impressionant an schéin Erfarung, an Derwäert matzegoen.

| Joer | Event | Land | Thema | Partici-panten | Partici-péierend Länner |
|---|---|---|---|---|---|
| 1920 | 1st World Scout Jamboree | United Kingdom | Develop World Peace | 8,000 | 34 |
| 1924 | 2nd World Scout Jamboree | Denmark | World Citizen-ship | 4,549 | 32 |
| 1929 | 3rd World Scout Jamboree | United Kingdom | Coming of Age | 50,000 | 69 |
| 1933 | 4th World Scout Jamboree | Hungary | Face New Adven-tures | 25,792 | 33 |
| 1937 | 5th World Scout Jamboree | Netherlands | Lead Happy Lives | 28,750 | 54 |
| 1947 | 6th World Scout Jamboree | France | Jamboree of Peace | 24,152 | 71 |
| 1951 | 7th World Scout Jamboree | Austria | Jamboree of Simplicity | 12,884 | 61 |
| 1955 | 8th World Scout Jamboree | Canada | New Horizons | 11,139 | 71 |
| 1957 | 9th World Scout Jamboree | United Kingdom | 50th Anniversary of Scouting | 31,426 | 82 |
| 1959 | 10th World Scout Jamboree | Philippines | Building Tomorrow Today | 12,203 | 44 |
| 1963 | 11th World Scout Jamboree | Greece | Higher and Wider | 11,398 | 89 |

| Joer | Event | Land | Thema | Partici-panten | Partici-péierend Länner |
|---|---|---|---|---|---|
| 1967 | 12th World Scout Jamboree | United States | For Friendship | 12,011 | 105 |
| 1971 | 13th World Scout Jamboree | Japan | For Under-standing | 23,758 | 87 |
| 1975 | 14th World Scout Jamboree | Norway | Five Fingers, One Hand | 17,259 | 91 |
| 1979 | (15th World Scout Jamboree) | Iran | | cancelled | |
| 1983 | 15th World Scout Jamboree | Canada | The Spirit Lives On | 14,752 | 106 |
| 1987–1988 | 16th World Scout Jamboree | Australia | Bringing the World Together | 14,434 | 84 |
| 1991 | 17th World Scout Jamboree | South Korea | Many Lands, One World | 19,083 | 135 |
| 1995 | 18th World Scout Jamboree | Netherlands | Future is Now | 28,960 | 166 |
| 1998–1999 | 19th World Scout Jamboree | Chile | Building Peace Together | 31,534 | 157 |
| 2002–2003 | 20th World Scout Jamboree | Thailand | Share our World, Share our Cultures | 24,000 | 147 |

| Joer | Event | Land | Thema | Partici-panten | Partici-péierend Länner |
|---|---|---|---|---|---|
| 2007 | 21st World Scout Jamboree | United Kingdom | One World, One Promise Scouting Centenary | 37,868 | 155 |
| 2011 | 22nd World Scout Jamboree | Sweden | Simply Scouting | 40,061 | 146 |
| 2015 | 23rd World Scout Jamboree | Japan | A Spirit of Unity | 33,628 | 155 |
| 2019 | 24th World Scout Jamboree | United States[b] | Unlock a New World | 47,000 | 161 |
| 2023 | 25th World Scout Jamboree | South Korea | Draw Your Dream | | |
| 2027 | 26th World Scout Jamboree | Poland [citation needed] | Bravely | | |
| | | | | | |
| | | | | | |
| | | | | | |
| | | | | | |

## 1.3. D'FNEL

### D'Grënnung vum Scoutissem zu Lëtzebuerg

1875-1950: De Professor Joseph Tockert (1875-1950), iwwerzeegt vun der Iddi vum Baden-Powell, gëtt wärend enger Konferenz vun der Studentenorganisatioun ASSOSS am Casino an der Stad Explikatiounen iwwert den englesche Scoutissem.

1913: Éischt konkret Usätz ginn et zu Déifferdeng an zu Diddeleng, dës Jugendassociatiounen hunn awer aner Origine wéi den englesche Scoutissem. No an no integréieren se sech awer an de nationale Scoutissem.

1914: Belsch Scoute campéieren op der Polvermillen (Op der Heedeknëppchen). Iwwert de Franz Heldenstein ginn e puer jonk Lëtzebuerger fir de Scoutissem intresséiert. Op Initiativ vum Joseph Tockert gëtt am Stater Kolléisch den éischte Scoutsgrupp gegrënnt: d' « Eclaireurs de l'Athénée ». Den éischte Camp war am selwechte Joer an der Chrëschtvakanz zu Mondorf.

1915: Wärend dem éischte Weltkrich hunn d'Scouten als Secouriste beim Roude Kräiz gehollef. Bei dëser Aarbecht beklot de Lëtzebuerger Scoutissem eng éischt Victime, de Walter Heldenstein ass verscheet am Déngscht vun de Krichsgefaangenen duerch eng ustiechend Krankheet. De Georges Schommer kënnt ënner anerem wéinst senge Scoutsaktivitéiten am Éischte Weltkrich fir e puer Méint an de Prisong op Tréier. Iwwer 40 Joer ass hien um nationalen Niveau an der FNEL engagéiert. Hien ass spéider Commissaire Général a President vun der FNEL. Duerch säin Engagement huet hien ons Federatioun an den Ufanksjore staark markéiert.

1916: D'Scoutsgruppen doen sech zesummen a grënnen de 16 Juli 1916 d'Fédération Nationale des Eclaireurs du Luxembourg. Den éischte Pow-Wow vun der FNEL war beim Dudderhaff um Eecherfeld.

## D'Grënnungsmembere vun der FNEL

Les Eclaireurs de l'Athénée
Les Eclaireurs de Bonnevoie
Les Eclaireurs de Diekirch
Les Eclaireurs de Dudelange
Les Eclaireurs d'Echternach
Les Eclaireurs de l'Institut E. Metz
Les Eclaireurs de Neudorf
Les Eclaireurs de Schieren
Les Boy-Scouts du Sporting-Club
Les Eclaireurs de Strassen
Les Eclaireurs de Wiltz

## Wichteg Datumer

1920: D'Zeitung « Scout », eise Périodique officiel, kënnt fir d'éischt eraus an d'FNEL hëlt um 1ste Jamboree zu London mat 50 Scouten deel. Et entstinn och déi éischt Meuten.

1922: D'FNEL ass Membre Fondateur vum Bureau Mondial zu Paräis ginn.

1923: Op der Assemblée Générale huet d'FNEL eng Entente Amicale mat de Giovani Esploratori Italiani vun Esch-Uelzecht gutt geheescht. Si sinn dem Corpo Nazionale dei Giovani Esploratori Italiani ugegliddert a schaffen aktiv am Südbezierk vun der FNEL mat.

1927: Gëtt den Home "Etienne Schmit" zu Rippeg ageweit. Grënnung vun der AABSL (Amicale des Anciens Boy-Scouts de Luxembourg), der haiteger AAGSL (Amicale des Anciens Guides et Scoutes Luxembourgeois).

1936: FNEL iwwerreecht déi 3 éischt Woodbadger.
(Nico Muller; Fredy Lauff; Jean David)

1940:
- D'Truppe vun der FNEL ginn opgeléist an d'Material konfiskéiert.
- De Scoutismus lieft am Ënnergrond weider: d'Cheffe vu Les Margays vu Péiteng ginn an d'KZ verschleeft, jonk Leit verschreiwen sech dem Scoutsideal

1945:
- De 7. Oktober gi FNEL a LS sech eens iwwer en Daachverband, d'LBSA (Luxembourg Boy Scouts Association).
- De Prënz Jean mécht säi Verspriechen an ass vu deemools bis zu sengem Doud, den 23. Abrëll 2019, de Chef-Scout vu Lëtzebuerg.

1966: De Prënz Henri ass Member an der Troupe interfédérale Sigefroi. Dës besteet aus 5 Patrullen: 2 LS, 1 Lions Bleus, 1 Hoga Boys an 1 Patrull mixte.

1971: No der Statutenännerung vun 1971 ass et d'Fédération Nationale des Eclaireurs et Eclaireuses du Luxembourg.

1979: An der FNEL ginn d'Explorer (15-18 Joer) gegrënnt.

1984: Déi éischt Bibercolonie (Kanner am Alter vu 5-7 Joer) entsteet bei de Gréngen Scouten zu Diddeleng.

1989: D'FNEL grënnt d'ONG Eclaireurs et Eclaireuses pour le Développement Communautaire a.s.b.l. a mécht säithier Entwécklungshëllef virun allem am Nepal.

1991: Am September engagéiert d'FNEL en éischte Permanent.

1993: D'FNEL keeft mat Hëllef vum Staat de Misärshaff zwëschend Uerschdref an Bauschelt. Zu dësem Zweck gëtt d'Fondation FNEL, établissement d'utilité publique, gegrënnt, déi als Haaptzil hat, e Formatiounszentrum um Misärshaff ze realiséieren.

1994: • Am Kader vun der LBSA gëtt de 16. Mäerz an der Maison de Casal d'Association Nationale des Parlementaires du Scoutisme du Luxembourg an d'Liewe geruff.
• D'FNEL grënnt mat aneren Europäesche Scoutsfederatiounen d'Union Internationale des Associations Scoutes et Guides Pluralistes et Laïques.

1995: • Op der Assemblée Générale am Gronn ginn déi nei Statuten ugeholl. D'Beaverbranche gëtt offiziell agefouert.
• D'Mandater vun de Commissaire ginn op maximal 3 mol 3 Joer begrenzt.

2000: • D'Charte vun der FNEL, en Text an deem steet, wat mir sinn a wat mir wëllen, gëtt zesumme vun de Cheffen ausgeschafft an op der Assemblée approuvéiert
• Reorganisatioun vum Sekretariat: dëst besteet elo aus 3 bezuelte Leit. De Staat accordéiert och e bezuelte Formateur.

2003: Inauguratioun vum Misärshaff.

2007: De Scoutismus feiert 100 Joer. Den 1. August um 7.00 Moies erneieren d'Scouten Weltwäit hiert d'Scoutsverspriechen ënnert dem Motto "Lever de soleil sur le Scoutisme/Sonnenopgank" zesummen. Zu Lëtzebuerg gouf sech bei der gëlle Fra versammelt.



2013: D'Grënnung vu "Scouting in Luxembourg" (SIL).

2019: Den 23. Abrëll ass de Chefscout Grand-Duc Jean am Alter vun 98 Joer verstuerwen. De 4. Mee 2019 ass d'Staatsbegriefnes vun eisem Chefscout Grand-Duc Jean. D'Scoute vun der FNEL an der LGS hunn déi grouss Éier mat am Spaléier ze stoen, an och déi Deeg virum Begriefnis bei der Lued ze waachen.





D'Assermentatioun vum Ierfgroußherzog Guillaume zum Chefscout als Successeur vun sengem verstuerwene Grousspapp Jean fënnt de 4. Oktober op der Kinnekswiss statt mat 3000 Scouten vun der FNEL an der LGS.





## D'Gruppe vun der FNEL

1913: Grënnung vu de Scouts/Guides Les Peaux-Rouges Dudelange.

1914: Grënnung vu de 1st Echternach Scouts.

1914: Grënnung vu de Lions Bleus de Bonnevoie, 1916 ginn si an d'FNEL opgeholl.

1915: Grënnung vu de Campeuses Bronzées; 1963 verloosse si d'AGGL fir bei d'FNEL.

1915: Grënnung vu de Loups Blancs aus dem Institut Emile Metz am Ufank hu si sech Foulard Blancs genannt.

1917: Grënnung vun den Boy-Scouts de Hollerich, 1928 sinn d'HOGA entstanen.

1919: Fusioun vun den Boy-Scouts de Hollerich an Bonnevoie.

1920: Gëtt Fusioun vun den Boy-Scouts de Hollerich opgeléist.

1920: Grënnung vun den Les Diables Mauves, si sinn entstane duerch d'Fusioun vun zwee Grënnungsgruppen: Eclaireurs de Luxembourg/Boy-Scouts Luxembourgeois a Boy Scouts du Sporting. Dës zwee Gruppen waren Deel vum Grupp Eclaireurs de l'Athénée aus dem Joer 1914.

1925: Grënnung vun den Les Aigles Rollingergonn; 1928 ginn si an d'FNEL opgeholl.

1945: Grënnung vun den Lûsseg Quaichlecken; 1966 ginn si an d'FNEL opgeholl.

1946: Grënnung vun de Greng Scouten Diddeleng, 1958 ginn si an d'FNEL opgeholl.

1955: Grënnung vun der Unité Robert Schuman, 1969 ginn si an d'FNEL opgeholl.

1965: Grënnung den den Panthères Noires Lorentzweiler.

1969: Grënnung vun den Les Loutres Mersch,
1970 ginn si an d'FNEL opgeholl.

1974: Grënnung vun den Telstar, 1985 ginn si an d'FNEL opgeholl.

1976: Grënnung vun den Däereldéieren Bridel.

1977: Grënnung vun den Mamer Wiselen.

1978: Grënnung vun den Kiewerlecken Strassen.

1981: Grënnung vun den Caper Piwitschen.

1982: Grënnung vun den Hirsch Colmar-Berg.

1990: De Grupp CBDM ass zu Märel ass entstane, duerch d'Fusioun vun den Gruppen Les Campeuses Bronzées an Les Diables Mauves.

1991: Grënnung vun den Les Castors Schuttrange;
1995 ginn si an d'FNEL opheholl.

1992: Grënnung vun den Dippecher Dachsen.

1994: Grënnung vun den Fiiss du Cents.



1995: Grënnung vun de Wëll Säi Steesel.

1997: Grënnung vun den Bisons Futés an der Gemeng Fréiseng.

2000: Grënnung vun den Eilerenger Feldmais,
2001 ginn di an d'FNEL opgeholl.

2005: Grënnung vun de Stengeforter Deckelsmouken.

2006: Grënnung vun de Rammericher Fräschen.

2008: De Grupp Eechternoacher Quaichleken ass entstane, duerch d'Fusioun vu de Gruppe 1st Echternach Scouts an den Lûsseg Quaichlecken.

2009: Grënnung vun den Munnerefer Mais.

2013: Grënnung vun den Diables Rouges zu Esch-sur-Alzette.

2017: Grënnung vun den Réidener Luchsen.

2019: Grënnung vun den Roude Kueben zu Déifferdeng.

2021: Grënnung vun den Hesper Kriibsen.



Nos groupes

fnel.scoutenaguiden office@fnel.lu

## Ons Gruppen

- *Bridel,* Daereldéieren
- *Cap,* Piwitschen
- *Colmar-Berg,* Hirsch
- *Differdange,* Rout Kueben - Rentrée 2019
- *Dippach,* Dachsen
- *Dudelange,* Gréng Scouten a Guiden
- *Dudelange,* Les Peaux-rouges
- *Echternach,* Eechternoacher Quaichleken
- *Ehlerange,* Eileréngen Feldmais
- *Esch-sur-Alzette,* Les Diables rouges
- *Frisange,* Les Bisons futés
- *Hesperange,* Hesper Kribbsen
- *Lorentzweiler,* Les Panthères noires
- *Luxembourg-Bonnevoie,* Les Lions bleus
- *Luxembourg-Dommeldange,* Les Loups blancs (LTPEM)
- *Luxembourg-Fetschenhaaff,* Fiiss
- *Luxembourg-Hollerich-Gare,* HOGA
- *Luxembourg-Merl,* CBDM
- *Luxembourg-Rollingergrund,* Les Aigles
- *Luxembourg,* Robert Schuman (groupe francophone)
- *Luxembourg,* Telstar (groupe anglophone)
- *Mamer,* Wiselen
- *Mersch,* Les Loutres
- *Mondorf-les-bains,* Munnerefer Mais
- *Rambrouch,* Rammericher Fräschen
- *Redange/Attert,* Réidener Luchsen
- *Schuttrange,* Les Castors
- *Steinfort,* Deckelsmouken
- *Steinsel,* Wëll Säi
- *Strassen,* Kiewerlecken

www.fnel.lu


fnel
scouts & guides
Ons Gruppen
www.fnel.lu
Ville de Luxembourg
H+GA
Misäershaff
Rambrouch
Rammericher Fräschen
Redange
Réidener Luchsen
Colmar-Berg
Hirsch
Echternach
Eechternoacher Quaichleken
Mersch
Les Loutres
Lorentzweiler
Les Panthères noires
Steinsel
Wëll Sai
Cap
Piwitschen
Bridel
Daereldeieren
Steinfort
Deckelsmouken
Strassen
Kiewerlecken
Schuttrange
Les Castors
Mamer
Wiselen
Luxembourg
Les Aigles, CBDM, Fiiss, HDGA, Loups Blancs
Les Lions bleus, Robert Schuman, Telstar
Dippach
Dachsen
Hesperange
Hesper Kriibsen
Ehlerange
Feldmais
Differdange
Roud Kueben
Frisange
Les Bisons futés
Mondorf
Munnerefer Mais
Esch-Alzette
Les Diables rouges
Dudelange
Gréng Scouten a Guiden
Les Peaux rouges



FNEL 2022
DM
CB
TELSTAR
FNEL
HOGA
since 1917
Robert Schuman
GiGA

## Eisen Home

1916: D'FNEL gouf Locataire vun engem klenge Quartier Générale mat zwee Zëmmeren um éischten Stack vum Café du Cercle op der Place d'Armes zu Lëtzebuerg. D'Cheffen hunn sech do all Freideg versammelt.
Am Laf vun de Joren ass d'FNEL ëfters geplënnert:
- Imprimerie Linden (Grand-rue)
- Rue des Capucins
- Hotel des Boulevards
- l'Ancre d'Or
- Hotel de la Bourse (Avenue de la Porte neuve)

1961: D'FNEL plënnert an d'Rue de Hollerich n°43, am Gebai « Heinz van Landewyck ». De Sall Pola Weber gëtt gebaut.

1991: Renovatioun vum Siège an der Hollerecher Strooss an de Joren 1990-1993.

2001: Vergréisserung vum Siège : et ginn zwee duebel Container hannert de Sall Pola Weber amenagéiert.

2010: Chantier vu eisem neien Home FNEL um Site vu der AGGL um Fetschenhaff.

2013: Aweiung vum Home FNEL mam Grand-Duc Jean.





## Camps fédéraux

1964: D'FNEL feiert 50 Joer mat engem Internationale Camp vun iwwer 1.000 Leit op den Dräi Eechelen.

1967: Éischten federale Camp mat Jongen a Meedercher zu Helsingborg a Schweden

1974: D'FNEL feiert 60 Joer mat nationale Camps zu Iechternach an Wiltz

1982: Gëtt zu Betzduerf de Jubica (Jubiläumscamp zur Geleeënheet vu 75 Joer Weltscoutissem) mat 3.326 Scouten a Guiden ofgehalen.

1984: D'FNEL feiert 70 Joer mam Camp zu Aquila an der Schwäiz mat 250 Memberen vun der FNEL an 100 schwäizer Scouten

1989: D'FNEL feiert seng 75 Joer mat engem Camp zu Réiden un der Atert mat 1700 Participanten.

1990: Fueren 54 Scouten a Guiden fir d'éischt an de Nepal fir Entwécklungshëllef

1996: 400 FNEL-Scouten um Federalcamp Techuana an Éisträich.

1997: FNEL an ONGD Camp am Nepal mat der Participatioun vum Prënz Guillaume

2000: 242 FNEL-Scouten um Camp Fédéral op Ferny Crofts an England.

2004: Camp Fédéral mat 392 Participant'en an Ungarn.

2007: 100 Joer-Weekend op der Kockelscheier

2007: 100 Joer-Camp (Mocca) an dem Péitrussdall

2008: Camp Fédéral mat 221 Participant'en an Eisträich zu Zellhof.

2014: 100 Joer Scoutismuszu Lëtzebuerg mam grousse "Together"- Camp zu Lëtzebuerg mat 3000 Participant'en.

2015: Tanzania als Rover-Camp, wou 11 Rover en Renovatiounsprojet a Schoule gestart hunn.

2016: Camp am Nepal mat der ONGD FNEL

2017: Camp fédéral mat 285 Participant'en an Däitschland zu Coburg.

2018: Rover-Camp an Tansania mat 14 Rover, deels e Solarluute-Projet an eng Cheffeformatioun mat 60 jonken Tansanianer



## 1.4. FNEL Fleur de Lys

D'FNEL huet ewéi de Scoutsweltverband an d'Scoutsfédératiounen e Symbol. Eis Fleur de Lys representéiert net nëmmen eis Federatioun, mee huet och folgend Bedeitungen:

De Krees ass d'Sonn, d'Quell vum Liewen, et ass och de Krees vun der Frëndschaft, d'Kette vun der Bridderlechkeet.

D'Sycomoreblieder sinn d'Symbol vun der Liewenskraaft. Déi gréng Faarf dréckt eis Hoffnung aus fir eng besser Welt, déi wäiss Faarf symboliséiert d'Rengheet vun eisen Absichten.

D'Zelt stellt d'Liewen an der fräier Natur duer. Et ass op, wat bedeit, datt all Mënsch bei eis komme kann. Blo ass d'Faarf vun der Treiheet zum Gesetz an zum Verspriechen.

D'Feier dréckt eis Begeeschterung fir eis Prinzippien aus.


D'Lilie ass d'Zeeche vun allen Scoute vun der Welt. An der Mëtt ass eng Kompassnol déi eis de Wee soll weisen.

Nieft der Insigne huet FNEL och e Logo, deen nëmmen an der FNEL selwer benotzt gëtt. De Logo besteet aus dréi Kreesser mat engem Foulard, engem Zelt, an engem Féier.

## 1.5. Uniform

D'Uniform ass déi traditionell Bekleedung vun de Scouten. Bei der FNEL ass déi Gro. Du dees se bei dir am Grupp an och op FNEL's Aktivitéiten un.

Hei si Fotoe, wéi deng Uniform soll ausgesinn.




**Legend**

1. Schrëftzuch FNEL
2. Fleur de Lys FNEL
3. Branche Badge
4. 1st Klass Kordel
5. CP-Sträifen
6. Rezente Badge
7. 2ten Rezente Badge
8. WOSM Logo

# 1.6. Ritualer

- Salut au Drapeau / Descente des Couleurs: Op Campe gëtt all Moies am Carré, beim Salut au Drapeau de Fändel erop gesat an all Owend bei der Descente des Couleurs nees erof gemaach.

- Scoutsgrouss: De Scoutsgrouss ass d'Zeeche vun der Eenegkeet an der Bridderlechkeet vun de Scouten a gëtt mat der rietser Hand gemaach. Eng méi genau Erklärung fënns du op der Säit 42.

- Carré: Jidderee stellt sech a senger Patrull op, dat ganzt soll dono an engem Carré sinn. D'Scoute stinn op dräi Längte vum Carré an d'Cheffen op enger Längt

- Patrulle-Kreesch: De Patrullekreesch soll bei de Patrullennumm passen a gëtt enger Patrull eng Identitéit an en Zesummenhalt. D'Patrullekreescher ginn oft am Ufank vun engem Carré gejaut, fir ze weisen, dass d'Patrull present ass.

- Verschidde Lidder:
    - virum Iessen (Lidd: Autour d'une table cf Säit 163)
    - Ban: Wann een eppes gutt gemaach huet, dann maachen mir him e "Ban" (cf Säit 163: Lidder)



    - Chaîne des Adieux, dës gëtt bei de Scouten ëmmer feierlech zum Schluss vun enger Aktivitéit gemaach, fir sech all zesummen Äddi ze soen. (cf Säit 163: Lidder)

- Totem: Verschidde vun de Cheffen hu vläicht en Déierennumm, en Totem. Dëst ass eng al Traditioun bei de Scouten: just Leit mat engem Totem kennen engem aneren en Totem ginn. Den Totem besteet aus engem Déierennumm an engem Adjektiv, dat eent ass dat Positiivt un eis an dat anert ass dat Negatiivt un eis

- Montée: All Scout mëscht wärend senger Scoutscarrière eng Montée vun enger Branche an déi aaner. Dësst ass e wichtegt Ritual, fir senger aler Branche Äddi ze soen a bei der neier Branche empfangen ze ginn. Hei huet all Grupp hir eegen Traditiounen, fir dëss Erfaarung eenzegarteg ze gestalten.

- Verspriechen: déi verschidden Altersbranchen hunn hir individuell Verspriechen, ugepasst un d'Kompetenze vu de jeeweilege Kanner a Jugendlecher. Mat sengem Versprieche verflicht de Scout sech géintiwwer engem oder méi eppes ze maachen oder z'ënnerloossen. Et ass eng Ausso, déi de Scout un seng Matmënsche bënnt. Hien versprécht sech fräiwëlleg z'engagéieren, vis-à-vis vu sech an deenen aneren, vu senge Frënn bei de Scouten, am Grupp, bei der FNEL, zu Lëtzebuerg an an der Welt.



## 1.7. ScoutsABC

A wéi #AllDagengBA ass am Mäerz 2020 an d'Liewe geruff ginn, wou d'Corona-Pandemie eis Welt fir e puer Woche méi lues dréine gelooss huet. D'Scouten zu Lëtzebuerg hu schnell reagéiert an d'Aktioun #AllDagengBA an d'Liewe geruff. Hei sollt all Scout, op jonk oder al, senge Matmënschen eng Freed maachen. Dëst am Sënn, fir d'Welt besser ze maachen. Och elo, kanns du als Scout, all Dag a reegelméisseg engem aneren eng Freed maachen.

B wéi Benevolat, als Scout kënns du reegelméisseg an deng Reunioune vun dengem Grupp a solls awer och soss ëmmer probéieren, däi Bescht ze maachen an dech fir déi aner anzesetzen. Dëst mëss du bénévol, also aus fräie Stécker. Och deng Cheffe maachen hiert Engagement aus Iwwerzeegung a fräiwëlleg als Benevoller.

C wéi Chef-Scout, eise Chef-Scout ass säit dem 4. Oktober 2019 den Ierfgroussherzog Guillaume. Domat ass hien an d'Foussstampfe vu sengem Grousspapp, dem Grand-Duc Jean, geklommen. De Grand-Duc Jean war vun 1945 bis 2019 eise Chef-Scout zu Lëtzebuerg. Hien gëllt als éischte Representant vun eisem Nationale Mouvement no baussen

D wéi Devise, d'Devise vun der FNEL ass "Zesumme fir eng besser Welt" an dëst probéiere mir am Alldag ëmzesetzen, egal wéi al oder jonk.

E wéi Explo, den Explo ass eng federal Aktivitéit wou all Truppen sech aus der FNEL fir een Dag oder e Weekend treffen.

F wéi Federalscamp, dee fënnt normalerweis all 4 Joer fir all Membere vun der FNEL am Alter vun 11 - 99 statt. Hei léiers du aner Scoute kënnen, déi net an dengem Grupp sinn.

G wéi Gilwell (Woodbadge), de Woodbadge ass een

internationaalt Ofzeechen deen ee bei der FNEL kréie kann. Dëst Ofzeeche besteet aus 2,3 oder och 4 „Tissons" déi un enge, Lieder Band mat engem „Diamantknuet" befestegt sinn. 3 Tissons ass den National Training Team (NTT) a 4 Tissons ass de Internationalen Training Team (ITT). Dëse Woodbage kritt ee wann een en Gilwellkuer matgemaach huet an dorops hin och ee Projet mëscht deen dem Verband weiderhëllefe kann. Dëse Gilwellkuer ass do fir dass een sech mat den Ziler, de Wäerter an de Methode vun de Scouten auserneesetzt.

H wéi Homescouting, wärend der Corona-Pandemie misste mer als Scouten doheem bleiwen an eis sozial Distanz ënnerteneen halen. Mee och doheem kann ee Scout sinn. Ënnert #Homescouting si vill flott Aktivitéiten als Scout gemaach ginn. Mir hunn gesinn: et kann een iwwerall Scout sinn a dat, wat een als Scout gäre mëscht, maachen.

I wéi International Zuelen/Scoutismus; d'FNEL ass Member vum grousse Scoutsmouvement WOSM zesumme mat iwwer 54 Milliounen aanere Scouten aus 216 Länner. Eist Ofzeechen hues du um Hiem: déi mauve Fleur de Lys, dréis du um rietsen Aarm.

J wéi Jota-Joti, de Jota-Joti ass en internationaalt Treffen, dat um Funk (Jota=Jamboree on the Air) an am Internet iwwer Chat (Joti=Jamboree on the internet) stattfënnt.

K wéi Kreesch, dee gëtt ëmmer gejaut, ier am Carré de Chef ufänkt ze erklären. Sich der e passende Kreesch zu ärem Patrullennumm a schaaft esou e Gruppenzesummenhalt an der Patrull.

**L** wéi Laïzitéit, d'FNEL ass e laizistescht Mouvement, dat heescht mir verspriechen net op eng Relioun eist Bescht ze maachen. Mir maachen eist Bescht a verspriechen tolerant, moralesch an ethesch ze handelen. Mir verspriechen eis Flichten Vis-à-vis vun der Gesellschaft a mir selwer an no de Wäerter vum Scoutsgesetz ze erfëllen.

**M** wéi Montée, all Scout mëscht wärend sengem Scoutswee di eng oder aner Montée. Dës bedeit den Iwwergang vun enger Altersbranche an déi aner. Hei huet all Grupp hir eege kleng Traditiounen, déi op d'Methoden an d'Ritualer vum Baden Powell opbauen.

**N** wéi Nuetsspill, ass als Aktivitéit e Klassiker op Weekender oder Campen. Hei iwwerleeën sech deng Cheffen e flotte Challenge, deen dann ëm d'Home oder am Bësch stattfënnt. Oft muss du och hei däi Scouts-Wëssen notze fir Erfolleg ze hunn.

**O** wéi Orientatioun, ass eng vun de wichtegste Scoutstechniken. Hei muss du wëssen, wéis du däi Wëssen an däi Material richteg asetz, fir dech an der Natur erëm ze fannen.

**P** wéi PowWow, ass den Ofschlossdag vum Scoutsjoer. Dësen ass ëmmer deen éischten oder zweete Weekend am Juli. Hei kommen all d'Branche vun alle Gruppe vun der FNEL zesummen, fir en onvergiesslechen Dag ze verbréngen. Hei ginn och d'Auszeechnunge verdeelt an en Dag voll Spill, Spaass a Frëndschafte waart op dech.

**Q** wéi Quartier Générale ass bei eiser Federatioun, der FNEL um Zens. Hei schaffen d'Permanent'en vun der FNEL an hei sinn och meeschtens déi gréisser Versammlungen, wou är Gruppecheffen oder Truppecheffen zesumme kommen.

**R** wéi Ritual, ass am Scoutismus wichteg, well et iwwert 54 Millioune Scoute ginn an awer funktionéiere mer all am Kär d'nämlecht. Dëst ass esou, well de Baden Powell eng kloer Virstellung vum Mouvement festgehalen a weider ginn huet. Mat dëse Ritualer probéiert all Scout dës Wäerter vum BP ze liewen a weiderzeginn.

S wéi SIL, heescht Scouting in Luxembourg an ass den Zesummeschloss vun der FNEL an den LGS, deen 2013 gegrënnt ginn ass.

T wéi Thinking Day, ass den 22. Februar. Dëst ass den Gebuertsdag vum Baden Powell, wou all Scout weltwäit sech als Scout weisen soll an sech Zäit hëlt, fir sech selwer ze reflektéieren.

U wéi Uniform, ass beim Scoutismus wichteg, well mer doduerch all d'nämmlecht sinn an eis net duerch eis Kleedung differenzéieren. Dëst ass och e wichteg Mierkmol, wann mer an der Gesellschaft optrieden, erkennen d'Leit eis all duerch eise Foulard an eis Uniform. Mat denger Uniform bass du Deel vun engem risegen a weltwäite Mouvement.

V wéi Veillée, esou heescht den Owesprogramm, deen nom Owesiesse stattfënnt. Hei ginn et ganz verschidde Formen, vu Quizzer, iwwert Olympiaden, Sketchowender, Sange beim Feier, Nuetsspiller oder Challengen.

W wéi Weekend, ass eng Aktivitéit, déi bei de Scouten oft genotzt gëtt. Dat heescht, dass du mat dengem Grupp, mat denger Trupp oder souguer mat der Patrull e ganze Weekend zesumme verbréngs. Mat Iwwernuechtung an 2 Deeg vollem Scoutsprogramm. D'Sortie, ass eng Scoutsaktivitéit, déi méi laang wéi 4 Stonnen dauert an normalerweis net um Terrain vun dengem Chalet stattfënnt.

Z wéi **Zesumme fir eng besser Welt,** dat ass d'Devise vun der FNEL. Et heescht, dass mir eis alleguerte fir eng Verbesserung vun der Welt sollen asetzen a jidderee vun eis eenzel an zesummen en Ënnerscheed maache kann.

# 2. Meng Branche

## 2.1. De Scoutsgrouss



Déi dräi gestreckte Fangeren an der Mëtt erënneren un déi dräi Punkte vum Scoutsverspriechen:

1. Verflichtung géigeniwwer der Heemescht
2. Verflichtung géigeniwwer Aneren
3. Verflichtung géigeniwwer sech selwer

Den Daum um klenge Fanger symboliséiert de Staarken, deen de Schwaachen (klenge Fanger) beschützt. De Krees, dee doduerch entsteet, stellt de grousse Bridderbond vun de Scouten duer.

De Scoutsgrouss ass d'Zeeche vun der Eenegkeet an der Bridderlechkeet vun de Scouten a gëtt mat der rietser Hand gemaach.

## 2.2. D´lénks Patt



Denge Scoutefrënn gëss de déi lénks Hand, fir se ze begréissen, well op der lénkser Säit och däin Häerz schléit an d'Hand souzesoe vun Häerze kënnt.

Dëst huet eng Bedeitung: wéi se nach Schëlder a Speerer haten, do war et een Zeeche vu groussem Vertrauen, wann een deem aneren déi lénks Hand gereecht huet. Dann huet nämlech all Zaldot säi Schëld niddergeluecht, dat hien an där lénkser Hand gedroen huet an hat da kee Schutz méi virun deem aneren.

Dofir reeche mir eis och haut nach all déi lénks Hand als Zeeche vu géigesäitegem Vertrauen a Frëndschaft.

Ënnert de Scoute schwätze mer eis och alleguerte mat „DU“ un, well all Scout, ob Beaver, Wëllefchen, Explorer, Chef oder Kommissär, gläich ass, et ass kee besser a kee méi schlecht wéi seng Scoutsbridder.



## 2.3. D'Scoutsgesetz

D'Scoutsgesetz an d'Versprieche sinn de Grondstee vum Scoutismus. Am Gesetz sinn d'Wäerter vum Scoutismus festgehalen. Wann een di Reegelen net anhält, gëtt een net bestrooft, well et huet ee fräiwëlleg versprach, säi Bescht ze maachen, fir se anzehalen. D'Scoutsgesetz ass éischter e Kader, deen engem d'Zesummeliewen a senger Trupp an dobaussen an der Gesellschaft vill méi einfach mécht. Et ass awer nëmme méiglech, d'Zesummeliewen a senger Trupp an dobaussen an der Gesellschaft méi einfach ze maachen, wa jidderee, dës Reegelen anhält. De B.P. sot dozou Folgendes:

***The boy is not governed by DON'T, but is led on by DO. The Scout Law is devised as a guide to his actions rather than as repressive of his faults.***

– Baden Powell, Aids to Scoutsmastership, 1919.

Ongeféier Iwwersetzung: De Scout kritt net gesot MAACH NET, mee MAACH. D'Scoutsgesetz weist him de Wee, deen hie soll goen, a strooft hie net fir seng Feeler.

### 1. E SCOUT E WUERT

E Scout steet zu deem, wat e seet an denkt. Hien hält seng Versprieche vis-à-vis vu sech selwer a senge Matmënschen.

E Scout ass loyal a zouverlässeg. Dës Eegenschaften hëllefe Vertrauen ënnert de Scouten an tëscht Scout a Chef opzebauen.

De Scout setzt sech fir seng Iwwerzeegungen an.

### 2. E SCOUT ASS ÉIERLECH A FAIR

E Scout seet d'Wourecht an ass sech selwer trei. Fir zu engem positiven Zesummeliewen am Grupp bäizedroen, kuckt de Scout net nëmmen no sech, mee hie respektéiert d'Reegele vum Grupp an ass bereet Kompromësser anzegoen.

## 3. E SCOUT ASS MANÉIERLECH

E Scout behëlt sech korrekt vis-à-vis vu senge Matmënschen. Manéierlechkeet bedeit awer och, eng gewëssen Disziplin ze hunn. Dat heescht z.B. dass mer Uerdnung hunn, aner Leit ausschwätze loossen a kee beleidegen.

## 4. E SCOUT RESPEKTÉIERT JIDDEREEN, SOU WÉI EN ASS

De Scoutismus ass op fir jiddereen, onofhängeg vu sozialem Stand, spiritueller Iwwerzeegung, Hautfaarf, Kultur, Geschlecht, Alter a Sexualitéit. De Scout behandelt jidderee mat Respekt an evitéiert sämtlech Form vun Diskriminéierung.

## 5. E SCOUT LÉISST KEEN AM STACH

E Scout hëlleft wou hie gebraucht gëtt. Doriwwer eraus engagéiert hie sech fir Mënschen déi Hëllef brauchen.

## 6. E SCOUT SETZT SECH A FIR ËMWELT AN NATUR

E Scout schützt d'Natur a seng Bewunner. E Scout lieft nohalteg, d.h. hien engagéiert sech aktiv fir d'Ëmwelt vun haut a vu muer.

## 7. E SCOUT MÉCHT AUS ALLEM DAT BESCHT

E Scout probéiert, senge perséinlech Stäerkten a Schwächten no, all Situatioun ze meeschteren.

## 8. E SCOUT MÉCHT ALL DAG ENG BA

E Scout ass opmierksam a mécht sou oft wéi méiglech e gutt Wierk. Dëst ass méi eng Astellung wéi eng Hëllef, wat bedeit, dass e Scout ëmmer bereet ass, engem aneren ze hëllefen, deen an Nout ass.

## 9. E SCOUT RESPEKTÉIERT, WAT HIM AN ANEREN GEHÉIERT

E Scout behandelt deenen aneren hir Saachen sou gutt wéi seng eegen.

E Scout passt op seng Gesondheet op.

E Scout respektéiert d'Privatsphär vu senge Matmënschen.

## 10. SCOUTEN HALEN ZESUMMEN

D'Scoute gehéieren zu engem weltwäite Mouvement a deelen déi selwecht Identitéit trotz kulturellen a gesellschaftlechen Ënnerscheeder. Dës Gemeinschaft soll de Scoute bewosst sinn, an zesumme kënnen si eppes beweegen. D'Scouten halen zesummen an hirer Trupp, hirem Grupp souwéi um federalen an internationale Plang.

## 2.3. Scoutsverspriechen

Mat engem Versprieche verflicht e Scout sech géintiwwer aneren eppes ze maachen oder eppes Schlechtes z'ënnerloossen. Et ass also eng Ausso (Verspriechen) déi de Scout un een oder méi Leit bënnt.

De formellen Oflaf ass meeschtens ëmmer d'selwecht:
Du gëss vum Truppechef aus dem Carré geruff, lees deng lénks Hand op de Fändel, schléis mat der rietser Hand un (Scoutsgrouss) a sees d'Verspriechen op.

*Ech verspriechen, mäi Bescht ze dinn,*
*fir meng Flichte géintiwwer der*
*Gesellschaft a mir selwer ze erfëllen,*
*fir no onse Prinzippie vum Scoutissem ze liewen*
*a fir mech mat lech zesummen anzesetzen*
*fir eng besser Welt*

- Mäi Bescht ze dinn: Jiddereen ass verschidden a probéiert aus sech dat Bescht erauszehuelen, iwwert sech eraus ze wuessen.

- Meng Flichte Géintiwwer der Gesellschaft z'erfëllen: Mir sinn all Membere vun enger Gesellschaft, do hu mir Gesetzer, Reegelen anzehalen, déi et eis erlaben zesummen ze liewen an ze fonctionéieren. Als Scout solls du versichen, dech z'engagéieren an d'Scoutswäerter an däin Alldag anzebréngen. Sech also net einfach passiv matrappen ze loossen.

- Meng Flichte géintiwwer mir selwer z'erfëllen: All Mënsch kann u sech schaffen, bäiléieren, sech verbesseren, well mir hunn all vill Capacitéiten, déi mer vläicht heiansdo ongenotzt loossen. Mir solle probéieren eis Autonomie ze vergréisseren, eis Perséinlechkeet ze stäerken an esou besser ze liewen.


- No de Wäerter vum Scoutsgesetz ze liewen: Fir eis Flichten z'erfëllen ass et méi einfach Wäerter ze hunn, di eis de Wee weisen, wéi mer dat kënnen erreechen. Di Wäerter sinn am Scoutsgesetz festgehalen.

- Mech mat iech zesummen anzesetzen, fir eng besser Welt: mir stinn net eleng do mat eisem Verspriechen. Mir deelen et mat all de Scouten, vun eisem Grupp, eisem Land, der ganzer Welt. De Scoutissem wëllt, dass mir d'Scoutwäerter zesumme mat all eise Bridder a Schwësteren op der ganzer Welt ëmsetzen. Nëmmen esou kann de Scoutismus säin eigentlecht Zil och erreechen:

*Try to leave this world*
*a little better*
*than you found it.*

# SCOUTSGESETZ

## LOI SCOUTE - SCOUT LAW



**1**
E Scout e Wuert

**2**
E Scout ass èierlech a fair

**3**
E Scout ass manéierlech

**4**
E Scout respektéiert jiddereen, sou wéi en ass

**5**
E Scout léisst keen am Stach

**6**
E Scout setzt sech a fir Ëmwelt a Natur

**7**
E Scout mécht aus allem dat Bescht

**8**
E Scout mécht all Dag eng BA

**9**
E Scout respektéiert, wat him an anere gehéiert

**10**
Scouten halen zesummen

# SCOUTSVERSPRIECHEN

## PROMESSE SCOUTE - SCOUT PROMISE

Ech verspriече, mäi Bescht ze dinn,
fir meng Flichte géintiwwer der Gesellschaft a mir selwer z'erfëllen,
fir no onse Prinzipien vum Scoutissem ze liewen
a fir mech mat Iech zesummen anzesetzen fir eng besser Welt.

fnel scouts & guides

## 2.4. Wat ass d'Trupp?

D'Trupp besteet aus all de Scouten an hiren Cheffen aus engem Grupp. Trupp gëtt geleet vum Truppechef (CT) a sengen Assistenten (ACT). All Trupp ass a Patrullen agedeelt.

## 2.5. Wat ass d'Patrull?

Well et méi einfach ass a klenge Gruppen ze schaffen, soll eng Patrull aus 6-8 Leit bestoen. Patrull ass d'Grupp an däers du vunenee léiere kanns a mat deenens du dech zesummen organiséiere solls. D' Iddi vum Baden Powell sengem Patrullensystem ass, dass a Gruppe vu 6-8 Leit am Beschten zesumme geschafft gëtt, well jidderee seng Responsabilitéiten huet an esou mathëllefe muss, dass eng Patrull funktionéiert.

An enger Patrull gëtt et verschidde Chargen:

- E Chef de Patrouille (CP): këmmert sech ëm d'gutt Fonctionnement vu senger Patrull an iwwerhëlt d'Responsabilitéit vis-à-vis vun deenen anere Scouten.
- E Second de Patrouille (SP): ënnerstëtzt de CP a senger Funktioun an iwwerhëlt deem seng Roll wann de CP net do ass
- E Secrétaire: responsabel fir de Patrulleklasseur
- E Responsabel fir d'Apdikt: (am beschte mat Basis-1.Hëllefskenntnisser)
- En Tresorier

Eng Patrull brauch och e Numm, e Kréch (Motto) an e Patrullefändel.

Fir är Aktivitéiten an äert Fonctionnement an der Patrull ze dokumentéieren, ass e Patrulleklasseur oder e Patrulleblog wichteg. Hei solle Presenzlëschten, Rapporten a Progressiounstableau'en dra sinn.

En weidere wichtege Punkt an enger Patrull sinn d'Chargen. Am Scoutismus geet et drëms, zesummen ze schaffen, sou dass jiddereen an enger Patrull seng Charge huet fir dass alles gutt klappt. Sief dëst beim Kachen, Botzen, Raumen, bei der Realisatioun vum Patrulleklasseur oder aneren Aufgaben. Et läit am CP an am SP senger Responsabilitéit dës Chargen ze verdeelen.

## 2.6. Wat ass de Chef?


De Chef de Troupe (CT), och nach Truppechef, këmmert sech em d'Scoutsbranche, d.h d'Organiséiere vun Aktivitéiten, Kontakt mat den Elteren an der FNEL. De Truppechef ass normalerweis de Chef, den déi zwee Deeler vun der Cheffeformatioun (ACT a CT) wärend 2 Joer ofgeschloss huet. Him hëllefen d'Assistant-Cheffen.

Deng Cheffe sinn net nëmmen deng Responsabel mee och deng Frënn, déis du kanns froe wanns du Hëllef brauchs.

## 2.7. Material

Dëst gehéiert an dem Scout seng Täsch















- Messer,
- Réimer,
- Kompass,
- Ficelle,
- Fixfeier/Feiersteen,
- Scoutsbichelchen,
- Bic & Block,
- Nuesschnappecher.

## Perséinlecht Materialslëscht als Scout

**Schong**

- Méiglechst liicht; waasserofweisend; ootmungsaktiv, mat wéineg Nouten; iwwer de Knéchel reechend fir dem Fouss e gudden Halt ze ginn
- Wann méiglech, 2 puer Schong mathuelen (Biergschong, Turnschong)

**Boxen**

- Waasserofweisend Material an d'Been ganz bekleeden (dat schützt viru Verletzungen)
- Jeans solle weit a schonn eng Kéier gewäsch sinn.
- E Rimm net vergiessen!

**Schutz géint de Reen**

- Ee Poncho, deen iwwert de Rucksak reecht
- Ganz gutt géint de Reen si Kleeder aus Gore-tex mat verschweessten Nouten + K-Way

**Kappbedeckung**

- Dem Wieder ofhängeg: Mutz oder hell Kap


**Géint d'Keelt**

- Mutz, Händschen, Schal, déck Strëmp

**Klengt Material**

- Täschemesser mat enger 6-8 cm laanger Kléng
- Bidon (am beschten Inox)
- Täscheluucht (muss eng gewësse Liichtkraaft hunn, Ersatzbatterien net vergiessen)
- Kappluut (deng Hänn bleiwe fräi)
- Schlofsak (muss gewëssen Temperaturen aushalen; am beschten ee Schlofsak fir dräi Joreszäiten)

Fir am Schlofsak ass ee sougenannte Bannenschlofsak aus
Lénge praktesch, well en schützt viru Keelt a hält de Schlofsak méi laang propper.



**Gamelle**

- Ee groussen an ee klengen Deel, souwéi Forschette, Messer, Läffel, Kichenduch (mindestens 2 fir de Weekend) a Becher gehéieren an eng Gamelle.

**Wäschsaachen:**

- Handduch, Seef, Läppchen, Biischt, Zännbiischt, Zännseef, Moustiquen- a Sonneschutz (am Summer), Shampoing
- Kleedung
- Ëmmer genuch fir ze wiessele mathuelen.
- Ënnerwäsch ëmmer fir een Dag méi dobäi hunn

**Éischt-Héllefs-Këscht ni vergiessen!**
**An perséinlech Medikamenter ëmmer dobäi hunn.**

**Däin Equipement:**

- soll liicht sinn, besonnesch wanns du se selwer droe muss
- soll Plaz spuerend sinn, däi Stauraum ass begrenzt
- soll haltbar sinn an den ze erwaardende Belaaschtunge Stand halen
- soll wéineg Fiichtegkeet ophuelen a schnell dréchnen
- soll an engem gudden Zoustand sinn
- soll iwwerall gezeechent sinn



**Rucksak**

Wanns du dir een neie Rucksak keefs, solls du dir iwwerleeën, firwat dass du de Rucksak brauchs. Dat wichtegst beim Kaf sinn déi richteg Längt am Réck an d'Form vum Tragesystem, de Rucksak muss also zu dir passen. All Réck ass verschidden, duerfir solls de am Geschäft verschidde beluede Rucksäck uprobéieren.

Du solls de Rucksak also ni nom Volummen, mee no der dier ugepasste Gréisst kafen.

Vir de Rucksak richteg unzepassen, mussen d'Rimmen alleguerte labber sinn. Du muss oppassen a wéi enger Reiefolleg dass du deng Gurten unzitts:

1. Fänk ëmmer vir d'Éischt mam Hëftgurt un. Du solls de Gurt iwwert der Schank vum Becken zouzéien.

2. Dann kommen d'Schëllergurten un d'Rei. D'Polster sollen sech propper em d'Schëllere leeën, mee si sollen och net sou fest sinn dass den Hëftgurt entlaascht gëtt.

Wann s de däi Rucksak pécks, solls de och op verschidde Punkten oppassen:

- An de Baussentäsche vum Rucksak befannen sech déi Saachen, déi ee beim Ausfluch oder um Camp séier zur Hand wëll hunn.

- Am Rucksak selwer kommen déi schwéierste Saachen un de Réck, de Schwéierpunkt soll no um Kierper op Schëllerhéicht leien. Hei sollen awer keng haart Saache leien. Et soll méiglechst alles (jee no Verwendung: z.B. Toilettenartikel) an eenzel Säck verpak ginn, sou dat d'Iwwersiicht erliichtert gëtt.






Klengegkeeten, di dacks gebraucht ginn (z.B. Kaart, Gamelle oder Täscheluucht)

Mëttelschwéier Géigestänn (z.B. Kleedung)

Grouss, liicht Géigestänn (z.B. Schlofsak, Daunenausrüstung)

Schwéier Géigestänn komme méiglechst no un de Réck (z.B. Zelt, Proviant)

Klengegkeeten, un déi ee séier komme muss (z.B Bidon)



Wann eppes baussen un de Rucksak ugehaange gëtt, muss et gutt festgebonne ginn, sou dass et beim Trëppelen net steiert. Am Beschten ass alles an dengem Rucksak verpak, sou, dass d'Hänn fräi sinn a näischt um Rucksak ronderëm hänkt.

Ee Reenschutz fir de Rucksak soll ëmmer matgeholl ginn.

Et ass wichteg ze iwwerleeën, wat fir Géigestänn wierklech néideg sinn, wéi eng wënschenswäert a wéi eng iwwerflësseg sinn, et kënnt op Zweckméissegkeet un.

Iwwerflëssege Ballast léis du doheem, wëll däi Gepäck soll méiglechst liicht sinn. Éiers du mam Pake vum Rucksak ufänks, lees du alles wat's du mat ob de Camp huele wëlls virun dech. Sou kriss du eng besser Iwwersiicht. Kontrolléier nach eng Kéier mat denger Apaklëscht, ob alles do ass, bzw. ob eppes ze vill ass, wat's du net brauchs.

Gruppematerial (z.B. eng Aaxt, See, Baatsch, ...) soll der jeeweileger Kraaft ugepasst ginn an op e puer Leit verdeelt ginn.

## Patrullenmaterial

Fir op de Camp ze goe brauch är Patrull folgend Material:

1. Patrullenzelt mat Piquete fir 6-8 Leit
2. Baatsche fir d'Patrullekichen a Material zou ze decken.
3. Patrullekëscht
   - Spuet
   - Beilen
   - Hummer
   - See
   - Gasluucht
   - Gaskocher
   - Ersatzpatrounen (Gas)
   - Dëppe mat Deckel (1x6 Liter + 1x10 Liter)
   - Schossel


- Moossbecher
- Pan
- Seibecken
- Allzweckmesser
- Schieler
- Schneidbried
- Louche
- Spulldicher
- Spullbiischt / Schwämm + Piwel
- Spullmëttel
- Waasserbidong (+-20 Liter)
- Dreckstuten
- Fixfeier + Pabeier fir Feier unzefänken
- Toilettëpabeier
- Bauereficelle (min. 20 Meter)
- Eemer oder Bitchen

4. Apdikt (Siehe: Kapitel Eischt Hëllef)

5. Kaarten, Kompass, Reimer, Geodräieck, eppes fir ze schreiwen ...

**Patrullenkëscht sollt sou gepak sinn, dat dir se selwer opgehuewe kritt**

**Wann de Bidon net am Gebrauch ass, sollt een de Stopp erofschrauwen fir ze verhënneren dat de Bidon vu bannen schimmelt.**



# 3. Scoutstechniken

## 3.1. Geheimschrëften

Cryptographie ass een anert Wuert fir Geheimschrëften. Hei kanns du geheim Message codéieren oder de-codéieren. Cryptographie gëtt oft genotzt, fir Aktivitéiten an Trajeten nach méi spannend ze maachen.

### Morse

D'Morsealphabet gouf 1837 vum Amerikaner Samuel Morse erfonnt. Dës Schrëft ass eng Folleg vu kuerzen a laangen Téin, respektiv am Geschriwwene besteet se aus Punkten a Strécher.

Fir d'Morsealphabet am beschten ze verhale benotze mir eng Tabell vun Hëllefswieder. All Silb mat O ass en Stréch, all aner Silb mat enge anere Vokal (a, e, i, u) ass en Punkt.

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| **A** | A-tom | . - | **N** | Nor-den | - . |
| **B** | Boh-nen-sup-pe | - . . . | **O** | O-vo-sport | - - - |
| **C** | Co-ca-Co-la | - . - . | **P** | Phi-lo-so-phie | . - - . |
| **D** | Don-ner-stag | - . . | **Q** | Quo-ko-ri-ko | - - . - |
| **E** | Ernst | . | **R** | Re-vol-ver | . - . |
| **F** | Fen-ster-bo-gen | . . - . | **S** | Sä-bel-griff | . . . |
| **G** | Groß-on-kel | - - . | **T** | Tod | - |
| **H** | Hi-ma-la-ya | . . . . | **U** | U-ni-form | . . - |
| **I** | I-gel | . . | **V** | Ven-ti-la-tor | . . . - |
| **J** | Jagd-mo-tor-boot | . - - - | **W** | Wind-mo-tor | . - - |
| **K** | Kom-man-do | - . - | **X** | Xo-la-ba-phon | - . . - |
| **L** | Li-mo-na-de | . - . . | **Y** | Yo-ma-mo-to | - . - - |
| **M** | Mot-or | - - | **Z** | Zoo-lo-gie-buch | - - . . |


1 .----
2 ..---
3 ...--
4 ....-
5 .....

6 -....
7 --...
8 ---..
9 ----.
0 -----

An der Morse gëtt et keen Ënnerscheed tëschent Grouss- a Kleng Schrëft. Tëschent all Buschtaf kënnt en schife Stréch (/) fir se ofzetrennen an tëschent all Wuert kommen zwee Strécher (//) .

## Code grillé


Fir de Code grillé kucks du fir éischt den Ëmrëss vun der Këscht a vergläichs et mat dem Code. Dann muss du am Code kucken ob de Punkt lénks oder riets ass, well dat seet dir dann ob et de lénksen oder de rietse Buschtaf ass.




Beispill: SCOUTEN = 

## Code chinois

Fir de Code chinois kucks du am Code wéi vill horizontal a wéi vill vertikal Strécher de jeeweilege Buschtaf huet.





Beispill: SCOUTEN = 

## Code pointillé

Fir de Code pointillé kucks du fir d'éischt wéi vill Punkten an där éischter Réi gezeechent sinn, dat seet dir a wéi enger vun den dréi Casen de Buschtaf ass. Déi zweet Réi Punkte seet dir a wéi enger Réi vun der Case de Buschtaf ze fannen ass. Déi drëtt Réi Punkte seet dir de wéivillte Buschtaf et ass.

| | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| A | B | C | | J | K | L | | S | T | U |
| D | E | F | | M | N | O | | V | W | X |
| G | H | I | | P | Q | R | | Y | Z | |

Beispill: SCOUTEN = 

## Code BAC

Fir de Code BAC muss du an der éischter Etapp BAC ënnert Léisungswuert setzen. Dann schreifs du an enger Zeil drënner 213. Fir ze codéieren hëls du bei all Buschtaf aus dem Léisungswuert de nächsten $2^{\text{ten}}$, $1^{\text{ten}}$ oder $3^{\text{te}}$ Buschtaf aus dem Alphabet. Fir ze decodéiere muss du et just ëmgedréint maachen.

Beispill: SCOUTEN = UDRWUHP

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| S | C | O | U | T | E | N |
| B | A | C | B | A | C | B |
| 2 | 1 | 3 | 2 | 1 | 3 | 2 |
| U | D | R | W | U | H | P |
| 2 | 1 | 3 | 2 | 1 | 3 | 2 |
| S | C | O | U | T | E | N |

## Spigelschrëft

Fir dës Schrëft muss du just däi Léisungswuert vun hannen no vir schreiwen.

Beispill: SCOUTEN = NETUOCS

## Code chiffré

Fir de Code chiffré setz du fir all Buschtaf am Alphabet eng Zuel, zB A = 1. Heibäi ass et egal mat wéi enger Zuel dass du ufänks. Fir ze codéiere muss du just däi Léisungswuert an déi entspriechend Zuelen ëmwandelen.

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| A - 1 | F - 6 | K - 11 | P - 16 | U - 21 | Z - 26 |
| B - 2 | G - 7 | L - 12 | Q - 17 | V - 22 | |
| C - 3 | H - 8 | M - 13 | R - 18 | W - 23 | |
| D - 4 | I - 9 | N - 14 | S - 19 | X - 24 | |
| E - 5 | J - 10 | O - 15 | T - 20 | Y - 25 | |

Beispill: SCOUTEN = 19 3 15 21 20 5 14

Remark: Et kann een d'Buschtawen awer och anescht nummeréieren, z. B. A–13, B–14 asw. (Opgepasst! Den O gëtt 1, well d'Alphabet just 26 Buschtawen huet).

## Code inverse

De Code inverse ass einfach ze iwwersetzen. Wéi de Numm et seet muss du Alphabet ëmdréinen, doduercher gëtt en A en Z asw.

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| A - Z | F - U | K - P | P - K | U - F | Z - A |
| B - Y | G - T | L - O | Q - J | V - E | |
| C - X | H - S | M - N | R - I | W - D | |
| D - W | I - R | N - M | S - H | X - C | |
| E - V | J - Q | O - L | T - G | Y - B | |

Beispill: SCOUTEN = HXLFGVM

# Indianerschrëft




Beispill: SCOUTEN = 

## 3.2. On tour

### Zelt

**Opriichten:**

Hutt dir eng Plaz fonnt, raumt d'Steng an alles ewech, wat sech duerch de Buedem vum Zelt stieche kéint.

D'Zelt gëtt esou orientéiert, dass mueres d'Sonn drop schéngt, mëttes soll et am Schied stoen. Den Agang gëtt no Osten orientéiert, well de Reen meeschtens aus dem Weste kënnt.


Beispill vum Opbau vun engem typesche Patrullenzelt :



1. Den Zeltbuedem op deene véier Ecke provisoresch mat Piquette festmaachen



2. D'Bannenzelt gëtt mat enger Säit op den Zeltbuedem geluecht



3. Déi dräi vertikal Zeltstaangen, déi aus jeeweils dräi Stécker bestinn, zesumme setzen



4. Déi horizontal Zeltstaang, déi aus fënnef Stécker besteet, zesumme setzen

5. Dräi Leit, jeeweils mat enger vertikaler Zeltstaang am Grapp, klammen an d'Bannenzelt.

6. Vun bausse gëtt déi horizontal Zeltstaang duerch Schlaufe vum Bannezelt gestach an duerno Picke vun de vertikalen Zeltstaangen an déi jeeweileg Lächer gestach.

Ab dëser Etapp gëtt et zwou Méiglechkeete fir d'Zelt weider opzeriichten:

**Manéier A:**

1. Elo kënnt den Iwwerdaach drun a gëtt iwwert d'Bannenzelt mat de Staange gezunn an d'Picken vun de vertikalen Zeltstaange ginn duerch d'Lächer vum Iwwerdaach gestach.



2. Elo gëtt dat ganzt lues a lues vun den dräi Leit am Bannenzelt an am beschten zwee Leit vu baussen opgehuewen, sou dat Picke vun den Zeltstaangen an den Himmel kucken



3. Ab elo kënnen déi véier Ecke vum Iwwerdaach provisoresch gespaant ginn.



4. Duerno gëtt ugefaangen d'Bannenzelt ze spanen (als éischt d'Ecker duerno de Rescht)



5. Wann d'Bannenzelt gespaant ass, kann och elo den Iwwerdaach gespaant ginn. D'selwescht wéi beim Bannenzelt gëtt mat den Ecken ugefaangen an duerno de Rescht gespaant

**Manéier B:**

Elo gëtt dat ganzt lues a lues vun den dräi Leit am Bannenzelt an am beschten zwee Leit vu baussen opgehuewen, sou dat Picke vun den Zeltstaangen an den Himmel kucken

Elo gëtt ugefaangen d'Bannenzelt ze spanen (als éischt d'Ecker duerno de Rescht)

Duerno gëtt den Iwwerdaach iwwert d'Bannezelt gezunn dat schonn do steet a Picke vun den dräi vertikalen Zeltstaangen duerch déi dräi Lächer vum Iwwerdaach ginn. Passt beim Eriwwerzéien op fir kee Lach an den Iwwerdaach ze rappen

Elo kann een d'Iwwerdaach gespaant ginn. D'selwescht wéi beim Bannenzelt gëtt mat den Ecker ugefaangen an duerno de Rescht gespaant



Ab elo ass et rëm nämmlecht an et mussen nach Piquette bannen am Zelt agemaach gi fir den Zeltbuedem mam Bannenzelt ze verbannen. Hei ass et immens wichteg, dass Baatsche richteg iwwertenee geluecht ginn. Am beschten, dir evitéiert en Zelt an enger Pente opzeriichte mee wann dat net méiglech ass muss dir op Folgendes oppassen.

**Beispill:**
D'Zelt steet mat der rietser Säit vun den Zeltstaange liicht am biergop an déi lénks Säit am biergof:

Riets: Bannenzelt muss ënnert dem Zeltbuedem leien

Mëtt: De rietsen Zeltbuedem muss ënnert dem lénksen Zeltbuedem leien

Lénks: Bannenzelt muss op dem Zeltbuedem leien

- Ficelle muss am nämmlechte Verlaf wéi Bitznout gespaant ginn
- D'Bannenzelt an den Iwwerdaach däerfen net openee leien, soss zitt d'Waasser duerch, an är Saache ginn naass. Bannenzelt an Iwwerdaach sollen iwwerall 10-20cm ausernee si fir eng gutt Loftzirkulatioun ze garantéieren.

- Virun all Nuecht solle souwuel Bannenzelt wéi och Iwwerdaach nogespaant a kontrolléiert ginn


**A Propos Waasser:**

E klenge Gruef ronderëm äert Zelt kann iech eng naass Iwwerraschung an der Nuecht erspueren, an dat vun Ufank un.



**Wichteg:**

Et erlaabt net all Campplatz dat ze maachen (ëmmer nofroe wann een eng Campplatz lount).



**Ofriichten an nom Camp:**

Wanns du vum Camp heemkënns ass et wichteg, dass däi Material propper ageraumt ass, besonnesch bei den Zelter. Am Beschte solls du de Buedem gutt botzen an d'Zelter dréchnen, ier dass du se apaaks.

Et ass wichteg, Zelt opzehänken, wann et naass ass.

## Biwak

E Biwak ass ee provisorescht Zelt, dat normalerweis fir eng Nuecht am Bësch opgeriicht gëtt.

Mir ënnerscheeden 2 verschidden Aarte vu Biwak'en:

- E Biwak aus Baatschen
- Naturbiwak aus Holzebengelen a Blieder

**Biwak mat zwou Baatschen:**

Du sichs dir 2 Beem aus, déi mindestens sou wäit auserneen si wéi deng Baatsch, fir dass deng Baatsch dotëscht passt.

Du spaans ee Seel (alternativ: decken Aascht) tëscht deenen 2 Beem fir dono d'Baatsch driwwer ze leeën.

Du spaans déi Baatsch dono sou wéi een Zelt a lees nach eng op de Buedem fir net naass ze schlofen. Dat ganzt dono mat Piqueten befestegen.



**Biwak mat enger Baatsch**
(Baatsch mindestens 3m laang op XYm):

Du sichs och hei zwee Beem, déi mindestens sou wäit auserneen si wéi deng zweet Säit (XY) vun der Baatsch, fir dat deng Baatsch dotëscht passt. Du lees d'Baatsch op de Buedem (2,5m bis bei d'Seel) an de Rescht vun der Baatsch gëtt iwwert d'Seel/er oder Aascht geklappt an iwwert déi aner 2,5m Baatsch geluecht. Lo muss déi Baatsch uewen nach gespaant ginn. Am Profil gesäit et aus wéi en Dräieck mat engem rechte Wenkel. An de rechte Wénkel kann een nach en Aascht leeën oder och de Rucksak.





**Naturbiwak:**




Konstruktioun vum Naturbiwak ass ofhängeg vun der Unzuel vun de Leit déi dra schlofe sollen. Wichteg ass ëmmer dat een eng stabil Haaptkonstruktioun huet. Dono kanns du mat relativ décken Äscht ufänken a wat den Daach méi déck gëtt, soll den Duerchmiesser vun den Äscht ofhuelen.

Dann kanns du ufänke Reiseg ze benotze fir den Daach dicht ze maachen.

Als zweetlescht Etapp muss du eng Couche Blieder vum Buedem op Konstruktioun leeën. Als lescht Etapp gëtt nach eng Couche Buedem op den Daach gemaach sou dat Blieder net erofrutschen oder fort fléien an déi ganz Konstruktioun praktesch waasseroofweisend ass an de Reen laanscht den Daach ofleeft.

Denkt drun dass den Daach eng gewësse Pente muss hunn (soss bleift Waasser stoen an Drëpse kommen duerch) a vu wou de Reen kënnt ier dats du ufänks däi Biwak opzeriichten.



## Hike


**En Hike ass:**
Wann eng Trupp een Trajet vu puer Deeg dobaussen an der Natur ënnerhëlt. En Hike kann zu Fouss, um Vëlo, mam Floss, etc. gemaach ginn. D'Idee vum Hike ass sech mat wéinege Mëttelen an der Natur opzehalen, dat heescht och do ze schlofen.

**Wärend dem Hike:**
Orientéiers du dech mat Kaart, GPS a Kompass duerch d'Natur, eventuell sinn och Posten ënnerwee, wou verschidden Technike gemaach ginn. Owes gëtt ee Biwak opgeriicht, an deems du da mat denger Trupp schléifs.

**Wat muss de mathuelen:**

| Pro Patrull | Fir dech selwer |
|---|---|
| • Kaart + Housse fir d'Kaart<br>• GPS | • Dem Wieder ugepasste Kleeder, Biergschong, Ersatzkleeder |
| • Baatschen a Baureficelle fir däi Biwak opzeriichten | • Bidong (mat Waasser), Gamelle |
| • Waasserbidongen | • Kompass, Réimer, Geodräieck, Bic, Block |
| • Aaxt, See | • Täscheluucht, Täschemesser, Fixfeier |
| • Gasluuchten an Ersatzpa-trounen | • Schlofsak, Carry-Matt. |
| • Dreckstuten | • Scoutsbichelchen |
| • Eventuelle e Gaskocher | |
| • Eicht-Hëllefs-Këscht | |
| • Iessen | |
| All dëst Material gëtt op déi verschidde Scouten, déi mat ginn, opgedeelt. | |

**Wichteg**



Ënnerwee genuch drénken an heiansdo ee klenge Snack zou sech huelen, fir dass du net vu de Been fäls. Wann's du de Wee wierklech net méi solls packen, da so dengem Chef Bescheed an zwéng dech net weider ze goen, eng kleng Paus huet nach ni engem geschuet.

## D'Spullstrooss

- Poubelle fir Iessrechter
- 1ste Back (wotlecht Waasser ouni Spüli)
- 2ten Back (waarmt Waasser mat Spüli)
- 3ten Back (waarmt Waasser fir ofzeschwenken)


D'Waasser virum Iessen opsetzen (fir direkt nom Iesse kënnen ze spullen)

Dicher all 2ten Dag wiesselen an ëmmer korrekt ophänken an dréschnen

Waasser reegelméisseg wiesselen



## Holzhaën




**Wichteg**

- Gutt Schong undoen; laang Box; Händchen
- Beil, See an Aaxt si kee Spillgezei
- Nom Gebrauch vu Geschier, dëst korrekt ewechraumen (Beil an Aaxt kënnen an de Bock geschloe ginn, NI an de Buedem oder an e Bam haen)
- Oppasse beim Schaffen, dat keen aneren an der Geforenzonen ass.

Bam deen um Buedem läit (1)



- Fir d'Äscht vun engem Bam, deen um Buedem leit, ofzehaen, brauch een e Beil oder eng Aaxt.
- Net op de Stämm oder Äscht balancéieren, mee op festem Buedem stoen.
- Ëmmer op der anerer Säit vum Stamm stoen, dëst als Sécherheet fir d' Been.

Holz kleng maachen (2)









- Beil an Aaxt: Mat lenks a riets Schléi op den Aascht gëtt eng Kierb gemaach. Mir schloen net richt op den Aascht.








- See: D'See gëtt esou no wei méiglech beim Blat ugepaakt an déi ganz Längt vun der See gëtt benotzt. Oppassen, dat d'See net blockéiert gëtt.

Holz splécken a spëtzen (3)



- Am Beschte gëtt dëst op engem Bock gemaach (Holzstomp, etc.), fir d'Beil oder Aaxt net stompeg ze maachen.

## Feier



Dat wichtegst ass d'Feierholz, well e gutt Feier ass ofhängeg vun der Wiel vum Holz.

Brennholz soll wann méiglech aus der Ëmgéigend geholl ginn an net frësch vum Bam geschloen.

**Gutt Holzzorten**

- **Bich:** brennt liicht a waarm, mécht Kuelen an eng gutt Glous.
- **Eech:** brennt net sou liicht, mee mëscht gutt Kuelen an eng gutt Glous.
- **Bierk:** brennt hell a gëtt vill Hetzt. Bierkenschuel eegent sech ganz gutt fir Feier unzemaachen.
- **Ahorn:** all Ahornzorte brennen a hetze gutt.

**Schlecht Holzzorten**

- **Nolenhelzer:** Ausser der Kifer soll een nëmmen Nolenhëlzer benotze fir Feier unzefänken. Si brenne liicht awer ouni Glous a Kuelen. Och maachen si Dëppe vill méi schwaarz a pecheg duerch hiren Haarz, ewéi déi aner Holzzorten.
- **Esch-Erl-Lann-Weid:** All dës Holzzorte brennen zwar liicht, maachen awer keng Glous oder Holzkuelen.

Fir d'Beem erëm ze erkenne kuk am Kapitel Natur

**Wéi maachen ech ee Feier?**

Wiel eng gëeegent Plaz; de beschte Buedem fir Feier ass Sand, Kräsi oder Buedem. Et soll ee kee Feier um fielsege Buedem maachen, well d'Hetzt verursaacht Rëss an hannerléisst elle schwaarz Flecken.
Och ass et wichteg, dass een, deemno wéie Buedem een huet (Bsp. Rëssege Buedem), d'Feier zwar iwwerflächlech kann aussinn, awer an enger Spléck weidersickert!

- Et mécht een ni Feier an engem Dännebësch oder direkt ënnert engem Bam.

- Et soll ee Steng ronderëm d'Feier leeën, sou dat d'Feier sech net ausbreede kann.

- Et soll ee wann méiglecht kee naasst oder fiicht Holz benotzen.

- Drësche Reiseg, mat deem ee Feier ufänkt, fënnt een ëmmer um ënneschten Deel vu Viichten.
  Si keng Dännenraiseg ze fannen, kann ee sech mat engem Messer Spéin schnëppelen. Ënnert d'Spéin just nach Zeitungspabeier leeën. Sou kann een op d'Benotze vu chemesche Mëttelen (z.B. Bensin, Thinner, Spiritus, etc.) verzichten.

- No an no leet een ëmmer méi deckt Holz op d'Feier.

**Verschidde Methode fir e Feier opzebauen:**

Allgemeng:
Holz wat oprecht steet brennt besser a méi séier,
wei Holz wat läit.

**Lagerfeier**

Jeeër-, Trapper- oder Stärefeier (Feier ouni grousse Liichtschäin an ouni vill Damp)



Pagoden- oder Lagerfeier (Uewen an der Mëtt ginn Holzspéin a kleng Äscht, an dono méi déckt Holz)



Pyramidefeier (D'Lach fir d'Feier unzefänken muss op der Säit sinn, vu wou d'Loft kënnt, esou datt d'Flamen op d'Holz geblose ginn).





**Kachfeier**

Dräibeenfeier




Gaalgenfeier (entweder zwee Zweebeen oder en Dräibeentrepied huelen)







Polynesierfeier (gutt bei Reen a staarkem Stuerm, wann ee kache well)



Hiirdefeier (Kachdëppen tëschend Steng leeën)



Alternativt Schwedefeier








**Wéi verloossen ech d'Feierplaz?**

Éiers du d'Feierplaz verléiss, muss d'Feier ganz aus sinn, am Beschte mat Waasser oder Sand. Hutt der d'Feierplaz selwer ugeluecht, sou musst dier d'Steng an all d'Spueren ewechmaachen, sou dat näischt méi ronderëm läit.




Net mat der naasser Jeansbox beim Feier stoen.

## 3.3 Kachen

Wärend engem Camp, kanns du entweder an enger Kiche kachen, déi an engem Chalet ass oder och ob enger Konstruktioun dobaussen.

Beim Kapitel Konstruktioun op der Säit 104, kanns du verschidden Aarte vu Kichekonstruktioune gesinn.

Fir traditionell Camprezepter nozeschloen an nozekache, kanns du dech um Kichekueder inspiréieren.



## Kniddele mat Äppelkompott a Speck (8 Persounen)

**Material:** Dëppen; Schossel; Seibecken; Iessläffel; Holzläffel

**Iesswueren:** 1,5 kg Miel; Mëllech; 10 Eeër; Waasser; Speck; Äppelkompott; Salz; Botter

1. D'Miel an d'Schossel maachen an eng kleng Kaul maachen, dann d'Eeër dra klappen. Eng Prise Salz dra maachen. Alles mat dem Holzläffel opklappen, lues a lues Mëllech oder Waasser dobäi schëdden, bis den Deeg hallef fest ass a sech beim opschloe vum Buedem léisst.
2. Alles gutt opklappen, dass keng Klémp méi do sinn.
3. Nëmmen esou vill Waasser dobäi maachen, dass den Deeg schwéier vum Läffel fält.
4. Salzwaasser an engem groussen Dëppen opsetzen a gutt kache loossen.
5. Den Deeg mam Zoppeläffel an d'Waasser maachen, ongeféier 15 Min kache loossen, bis d'Kniddelen uewen um Waasser schwammen.
6. Dann alles an der Seibecken ofschëdden, e Schnatz Botter am Dëppe waarm maachen an d'Kniddelen dobäi maachen an alles emol ëmréieren.
7. Mam ugebrodene Speck an/oder mam Äppelkompott zesummen iessen.

## Campingsnuddelen (8 Persounen)

**Material:** 2 Dëppen (grouss & kleng); Knäip; Schneidbried; Seibecken; Bräiläffel

**Iesswueren:** 2 kg Nuddelen (au choix); 500 g Ham; 1 l Ram; 1 kg gerappte Kéis; 3 deck Ënnen; Peffer; Muskot; Salz

D'Nuddelen an engem Dëppe mat Salz kachen. Wärenddeem d'Ënnen an d'Ham kleng schneiden an an engem méi klengen Dëppen undënsten. Ob niddreger Hëtzt d'Ram dobäi schëdden. Lues a lues de gerappte Kéis dobäi maachen. En soll sech gutt an der Zooss opléisen. Mat de Gewürzer ofschmaachen. Zum Schluss d'Zooss iwwert déi gekachten Nuddele schëdden.

## Chili con Carne (8 Persounen)

**Material:** Pan; Dëppen; Knäip; Schneidbried; Spachtel; Kachläffel

**Iesswueren:** 1,5 kg Gehacktes; 3 Ënnen; 4 Zéiwe Knuewelek; 2 rout Paprika; 4 ZL Tomatepüree; 900 g Tomaten (Stécker, Dous); 400 g Mais (Dous); +/- 700 g Kidneybounen (Dous); 1 Liter Fleeschbritt; Salz; Peffer; Cayennepeffer; Paprika; Chilipolver; e bëssen Zocker; Tabasco; 4 ZL Ueleg fir unzebroden

1. D'Ënnen an de Knuewelek schielen, reng schneiden an d'Ënnen am Ueleg glaseg ubroden. Eraushuelen a waarm stellen.
2. D'Fleesch an d'Dëppe maachen a gutt ubroden, réieren a mat der Spachtel d'Gehacktes zerdeelen.
3. D'Paprika botzen, a kleng Wierfele schneiden a mat den Ënnen, dem Knuewelek an d'Dëppe ginn.
4. D'Tomaten aus der Dous, den Tomatepüree an d'Gewierzer (léiwer am Ufank manner an dann nowierzen) an d' Dëppe maachen a gutt réieren.

5. Dat Ganzt gutt akache loossen an d'Flëssegkeet, déi verkacht, ëmmer nees duerch Britt opfëllen.
6. De Mais an d'Bounen aus den Dousen huelen, gutt ofwäschen an ofdrëpse loossen. Eréischt kuerz virum Schluss an d'Dëppe ginn.

## Pain perdu (8 Persounen)

**Material:** Pan; Läffel


**Iesswueren:** 1 Kilo Brout; 800 ml Mëllech; 24 EL Vanillszocker; 8 Eeër; 400 g Botter.

Mëllech an Eeër mam Vanillszocker mëschen, opklappen an d'Brout dran zappen. Dann d'Scheiwen an d'Pan mam Botter leeën a broden.

Wanns du elo kee Miessbecher bei Hand hues, ginn et verschidden Tricken.

**Praktesch Tipps: Kachen ouni Material**

1 Iessläffel entsprécht ca. 15 ml.
1 Téiläffel entsprécht ca. 5 ml.
An eng klenger Taass passen 125 ml eran.
An eng grousser Taass passen 250 ml eran



## Hygiène um Camp

Hygiène um Camp ass wichteg fir sech keng Krankheete fänken ze goen. Wanns du op engem Camp bass, solls du selwer oppassen, mee och all déi aner sollen sech un verschidde "Reegelen" halen.

Déng eege Kierperhygiène an déi an der Kichen si bal déi wichtegst, wells du soss krank kanns ginn.

**Beim Kachen**

- Déng Hänn virum Kachen oder Iesse mat Seef wäschen.
- Ni Geméis, wat réi soll giess ginn um nämmlechte Brietchen zerschneiden, wou virdru scho Fleesch oder Fësch geschnidde gouf. Dëst gëllt och fir Schosselen a Messeren
- Och op d'Propretéit vun den Dreckstute soll ëmmer opgepasst ginn, besonnesch, wann si no bei der Kichen opgehaange sinn. Näischt donieft geheien a reegelméisseg eidel maache, sinn déi einfachst Methode fir, dass sech néirens ze vill Bakterien usammelen.
- Et ass wichteg d'kriddeleg Iesswueren ëmmer kal ze halen an ofzedecken.

**Fir d'Natur ze schützen**

Mee och wéinst der Natur, ass et wichteg op d'Hygiène opzepassen. Si ass nämlech e wichtege Pilier vun de Scouten. Aalt Waasser oder Spullwaasser solls du net einfach esou an d'Wiss oder an de Bësch schëdden, mee en Sickerlach maachen. D'Scoute schwätzen do vun engem "Mupp".

Hei muss du op d'Plaz vum Mupp oppassen: wäit fort vu denger Campplaatz an ofgeséchert, dass kee kann drafalen. Wichteg ass et och, am viraus ze kucken, op een op ärer Campplaatz iwwerhaapt e Mupp gruewen dierf an och, wéi een de Mupp duerno erëm propper zouschëtt, dass d'Natur a Déieren net zu Schued kommen.

An de Mupp kanns du dat aalt a gebraucht d'Waasser dann iwwer e Sift draschëdden. Pass just op, dass du do keng Saachen draschëtts, déi de Buedem vergëften. Du solls och net alles an d'Dreckskëscht geheien, Pabeier kann een zum Beispill verbrennen oder huele fir d'Feier unzefänken.

**Hygiène am Zelt**


Natierlech soll een um Camp och un d'Hygiène am Zelt denken. Wichteg ass, dass du ni mat de Biergschong an däin Zelt trëppels. Sou vermeits du Knascht am Zelt an op denger Schlofplaz. D'Schong sollen am Virzelt stoe gelooss ginn. Oppassen, dass keng oppen Iesswueren am Zelt sinn, dëst zitt Insekten un. Deng gebrauchten a knaschteg Kleeder vun dengen onbenotzte Kleeder trennen an ëmmer alles gutt dréschne loossen, ier et an de Rucksak / Tut wandert.

**Hygiène am Sanitär**

Toiletten, egal op et "richteger" sinn oder selwer gebauten, solle reegelméisseg kontrolléiert a propper gehale ginn. Am Beschten ass et en grousst Lach ze gruewen, reegelméisseg Buedem nozeschëdden an d'Lach zum Schluss vum Camp ganz zouzeschëdden.

## 3.4. Kniet


### Aachter Schléng




Ideal fir e Brellage unzefänken.

Einfach ze maachen, hält awer net ganz gutt,
rutsch schnell an net gëeegent fir grouss Spannungen.

**Manéier A**



**Manéier B**




## Brellagen

Fir zwee oder méi Pottoe mat eneen ze verbannen.

Ideal bei Scouts-Konstruktiounen.


Du fänks mat enger Aachterschléng un, fiers ronderëm Hëlzer a schléis mat engem Platte Knuet of.



## Duebelen Aachter-Knuet

Wann een eng Schléng um Enn oder soss an engem Seel brauch.


Gëtt haaptsächlech beim Klamme gebraucht oder fir Laaschten ze sécheren an eropzezéien.



## Fëscherknuet

Fir zwee Seeler vu verschiddener oder gläicher Deckt matenee ze verbannen.

Hält gutt, ass awer och dofir schwéier erëm opzemaachen, wann de Knuet bis ënnert Spannung stoung.




## Foulardsknuet


De klassesche Knuet fir un de Foulard.

En gëtt ëmmer mat dräi Tier gemaach, wann deng Cheffen hir Formatioun ofgeschloss hunn kréien si de Foulardsknuet mat 2 Tier iwwerreecht.

**Manéier A**




## Manéier B




## Frëndschaftsknuet

En einfache Knuet mat deems du kanns e Foulard ouni Ficelle fest zéien. An der Reegel mëss du dir de Knuet net selwer, mee en anere mëscht dir de Frëndschaftsknuet an däi Foulard, doduercher kënnt och de Numm fir dëse Knuet.



## Wiewerknuet


Fir zwee Seeler vu verschiddener oder gläicher Deckt/Material matenee ze verbannen. Kann grouss Spannungen ophuelen a léisst sech trotzdeem erëm liicht opmaachen.



## Platte Knuet

Fir zwee Seeler vu gläicher Deckt matenee ze verbannen.


Léisst sech gutt erëm opmaachen, steet de Knuet net ënner Zoch, da geet en och gäre vum selwe lass. Als Kontroll, kanns du kucken, op déi zwou Schlaufen sech beweege loossen, ouni, dass de Knuet lass geet.



## Rettungsschléng

De Kinnek ënnert de Kniet.


Eng Schléng déi sech net zouzitt an och schwéier Laaschten aushale kann. Wéi de Numm et scho seet, gëtt e gebraucht fir Leit ze rette, resp. erop ze zéien.



## Seelverkierzung

Fir en Seel ze verkierzen oder eng futtis Platz am Seel ze iwwerbrécken.

Kann grouss Spannungen ophuelen a léisst sech automatesch op, esoubal een des ewech hellt.




## Spaaner


Fir Seeler ze spanen.

Ideal fir Zelter oder Iwerdiech ze spane léisst sech liicht nospaanen.

**Manéier A**



**Manéier B**



## 3.4. Konstruktioun

### Trepied



Den Trepied ass d'Basis vun all Konstruktioun oder Kichenkonstruktioun. Dëse gëtt benotzt well e gewësse Virdeeler bitt am Verglach zu anere Konstruktioune mat méi Been, well en ëmmer op dräi Been steet an doduerch ni wacklech steet. Doriwwer eraus ass et déi einfachst Konstruktioun, déi villfälteg benotzt ka ginn an awer net ze vill Zäit an Usprooch hëlt.

Fir en Trepied brauch een dräi Stämm. D'Längt vun de Stämm ass net festgeluecht mee variéiert mam Zil vum Trepied. Fir eng normal Patrullekiche sollte Stämm mindestens 12cm Duerchmiesser hunn an +/- 4 Meter laang sinn.



Wichteg ass dass Stämm un engem Enn op da nämmlechter Héischt leien an de Knuet um aneren Enn, awer net ganz um Wupp, gemaach gëtt. Déi dräi Stämm gi parallel zu enee geluecht. Als Knuet gëtt en Konstruktiounsbrëllage gemaach an ugefaange gëtt mat enger "Achterschleng" (kuck op Säit 91) un

engem vun de Stämm baussen a sou, dass dat laangt Stéck vum Seel an d'Richtung vun deen zwee anere Stämm viru gëtt.



Duerno fiers du mat engem Brëllage virun, wous du ofwiesselend ënner dem Stamm an duerno iwwer de Stamm fiers.



Wann een dat mindestens fënnef Mol gemaach huet, muss een de “Brëllage” (kuck op Säit 92) duerch déi fënnef Tier tëschend de Stämm ganz gutt unzéien.



Hei kanns du dir beim Unzéien hëllefen, mat engem Stil vum Hummer oder engem stabillen Aascht.




Fir de "Brëllage" fäerdeg ze maachen, gëtt en einfache “platte Knuet" gemaach.



Ophiewen a riicht setze vum Trepied:

Kommunikatioun an d'Unzuel vu de Leit, déi eng Hand upaken, sinn den A an O beim Opriichte vun engem Trepied. Dëst soll gutt iwwerluecht sinn an d'Chargen, wien wat mëscht, am Viraus gekläert sinn.

Ganz wichteg bei engem Trepied ass, dass déi dräi Staangen uewe richteg openee leien an dass keng Staang einfach ënnert dem Knuet hänkt.



Dréint den Trepied elo schonn sou, dass en op der richteger Plaz steet, ier dass Querverstriewungen dru sinn. Anerwäerts kann et sinn, dass Querverstriewungen duerno schif sinn oder souguer den Trepied schif steet.



Querverstriewunge beim Trepied an anere Konstruktiounen:

Nodeems den Trepied richteg placéiert gouf, déngen d'Querverstriewungen dozou, fir en Trepied stabil ze maachen. All Säit vum Trepied soll eng Verstriewung hunn. D'Verstriewunge gi mat engem "Brëllage" (kuck op Säit 92) un deenen zwee Been fixéiert.



D'Héischt, op där Verstriewung ugemaach gëtt, ass ofhängeg vum Zweck. Gëtt d'Verstriewung benotzt fir en Féierdësch oder eng Gaaskichen, da muss een drun denken dass d'Verstriewungen déif genuch gemaach ginn, well jo nach en Féierdësch an/oder eng Gaasspann dropgebaut ginn. Et dierf een och net vergiessen, dass deelweis nach héisch Dëppen op d'Feier / de Gas gesat ginn an een nach am Dëppe muss réiere kënnen.

Déckt vun de Verstriewunge soll ugepasst sinn un de Gebrauchszweck vun der jeeweileger Verstriewung. Gëtt se benotzt fir eng Bänk an en Dësch oder en Féierdësch drop ze bauen, musse si mindestens 10 cm Duerchmiesser hunn. Wann d'Verstriewung nëmmen als Stabilisatioun déngt, kann se och manner déck sinn.

Däin Trepied huet elo all seng Verstriewungen an ab elo ass denger Kreativitéit keng Grenze gesat.

Fir dech e bëssen inspiréieren ze kënne kanns du de QR-Code hei drënner scannen.










Probéier ëmmer Stämm ze benotzen, déi der Längt entspriechen, déis du brauchs. Sou evitéiert ee vill un de Stämm mussen ze schneiden a vill onnéidegen Holzverschnëtt ze hunn.

En Trepied kann zu all Moment futti goen oder ëmfalen. Pass also ëmmer op an turn net onnéideg op der Konstruktioun.




## Kichen

D'Campkichen ass mat de wichtegste Bestanddeel vun engem Camp. D'Kiche soll praktesch opgebaut sinn an ee waasserdichten Daach hunn.

Wichteg beim Opbauen

- D'Kiche soll net an enger Muld stoen, wou sech bei Reen d'Waasser sammelt.
- D'Kiche soll net ze no bei Beem stoen
- An eng Kiche gehéieren:
  Eng Feierplaz fir ze kachen
  Een Dësch fir z'iessen
  Ee Gestell fir d'Kachgeschier, Gewürzer, Panen asw.
  Eng Platz fir d'Feierholz

Als weider Beispiller kanns de nach deng Konstruktioun erweidere mat enger Poubelle, integréierter Spullstrooss, 2t Etage, Paart, Wäschléngt, asw.

### Frigo

Wann Liewensmëttel ze laang oder falsch gelagert ginn, kennen se futti goen oder Iwwelzegkeet herbäifeieren. Dofir ass et wichteg ons Liewensmëttel virum schlecht ginn ze schützen.

Um Camp, wou mir kee Frigo hunn, sinn aner Léisunge gefrot. Hei muss du kucken, wat am Beschten op denger Campplaz ze realiséieren ass, wat erlaabt ass a wat praktesch ass.

**Buedemfrigo**

Soll méiglechst am Schiet ageriicht ginn an d'Buedemschicht (Buedem, naass Blieder, naasse Pabeier, ...) iwwert dem Killgut soll mind. 50cm bedroen. De Liewensmëttelbehälter soll zousätzlech mat naassem Sand ëmgi sinn.

**Killbehälter**

De Liewensmëttelbehälter steet an engem, mat Waasser gefëllten Eemer, an ass mat engem fiichten Duch iwwerdeckt, wat mat senge Ränner an d'Waasser hänke muss.


**Killen duerch Verdonstung**

D'Liewensmëttel, wat gekillt soll ginn, gëtt mat Dicher ëmweckelt, déi fiicht gehale ginn. De Wand an d'Baussentemperatur sollen eng méiglechst grouss Verdonstung entwéckelen, wouduerch onse Produit gekillt gëtt.

**Killen an der Baach**

D'Liewensmëttel loossen sech an engem waasserdichte Behälter bis op Temperatur vum Waasser ofkillen. Dofir muss de Behälter nëmmen an d'Baach gestallt ginn.

## 3.5. Eischt Hëllef



Am Noutfall ass jiddereen, entspriechend senge Fäegkeeten, zu Hëllef verflicht.

Dëst awer ëmmer, wann déi **eegen Secherheet** garantéiert ass an een sech selwer NET a Gefor bréngt!

Am Beschten ass et, wann een no deem folgende Prinzip geet:

### KUCKEN – NODENKEN – HANDELEN



**Kucken:**

Wat ass passéiert?
- Wéi vill Persoune si verletzt?
- Wat fir eng Verletzunge sinn do?



**Nodenken:**

- Bestinn weider Geforen?
- Wat kann a soll ech direkt maachen?
- Sinn Hëllefsmëttel, aner Leit oder Material op der Plaz?
- Sech organiséieren: ee geet Hëllef sichen, ee bleift beim Verletzten



**Handelen:**

- Plaz vum Accident ofsécheren an déi Verletzten aus der Geforenzone bréngen.
- Den Zoustand vum Verletzte kontrolléieren:

    Äntwert hien?
    Otemt hien?
    Blutt hien?

- De Verletzte viru Sonn, Reen a Keelt schützen (Rettungsdecken z.B. – Sëlwer Säit no banne fir Waarm ze halen – Gëlle Säit no bannen fir ze killen)
- Onnéideg Beweegunge vum Verletzte vermeiden
- Alarméieren: 112 oder 113
- Hei muss du op folgend Froen äntwerte kënnen:

    WOU ass den Accident geschitt?
    WAT ass geschitt?
    WÉINI ass et geschitt?
    WÉI VILL Verletzter?
    WEEN's du bass

## Schnëttwonn / Schürfwonn

- Wäsch deng Hänn.
- Do Händschen aus der eicht Hëllef Këscht un, fir däin eegene Schutz.
- Spull d'Wonn mat fléissend Krunnewaasser oder aus zouener Waasserfläsch.
- Dreschen d'Wonn mat enger steriller Kompress.
- Desinfizeier d'Wonn.
- Bedeck d'Wonn mat enger steriller Kompress a Verband oder Plooschter.
- Wann et staark Blutt, dréck d'Wonn of fir mindestens 10 Minutte.
- Ruff ee Chef.

## Verstauchung

- Vermeide vun all onnéidegem Handgrëff (z.B. Stréckele vum Schong lockeren awer net aus doen).
- Gelenker net beweegen.
- Héichleeën
- Äis drop leeën, fir datt d'Schwellung a Péng zeréckgoe kënnen (Äis ëmmer an eppes awéckelen.
- Gelenk Verbannen (Elastesche Verband)
- Bei den Dokter goen

## Insektenstëch

- Kuck fir de Stach ze lokaliséieren a probéier en mat enger Pincette erauszehuelen.
- Dono gëtt d'Wonn desinfizéiert a mat Äis oder kale Kompresse gekillt.

Méi geféierlech gëtt et, wann ee bannen an den Hals gepickt gët oder wann een allergesch reagéiert.
Hei heescht et direkt den 112 uruffen. An Tëschenzäit kann een Äis ze lutsche ginn.

## Zecken

- Eng Zeck soll just vun engem Chef oder vu medezineschem Personal ewech geholl ginn!
- Wann se bis eraus ass, d'Wonn gutt desinfizéieren.
- Wann se bis eraus ass, all Dag kontrolléieren, op di Platz rout ass.
- Mat engem Krees ronderëm d'Rötung zeechnen an d'Evaluatioun kuken (sou wéi eng Zilscheif).

**Wann et méi grouss gëtt: direkt bei en Dokter goe fir eng Kontroll.**

## Bloderen

**Bloder ass nach zou:**

- Dann loss se zou, maach se propper a pech eng speziell Bloder-Plooschter drop, fier se ze schützen.

**Bloder ass vum selwen opgaangen:**

- Botz an desinfizéier d'Plaz a pech dann eng speziell Plooschter drop. Sou ass d'Wonn zou an ët kennt kee Knascht dran.

Wann d'Bloder ze grouss ass a wéih deet, da gei bei en Chef.

## Nuesen Bluddung

- Beroueg a setz d'Persoun.
- de Kapp liicht no fir halen.
- Nueslach, dat blutt 10 min zou drécken oder bis dat d'Bluddung ophält.
- Kale Läppchen an d'Genéck leeën.
- Wann d'Bluddung net ophält, de Chef em Rot froen oder bei en Dokter goen.

## Verbrennungen

1. Grad: d'Haut ass rout an deet wéi, nëmmen déi iewescht Hautschicht ass betraff.


2. Grad : d'Haut deet wéi, si ass rout an si mécht Blosen.

3. Grad: d'Haut ass verkuelt an och déi méi déif Schichten si betraff, sou dass et net méi wéideet, well d'Nerven zerstéiert sinn.

D'Haut bei enger liichter Verbrennung ënnert fléissendem, propperen Waasser während 10 Minutten ouni vill Wasserdrock killen (15°-20°). D'Verbrennung muss all Daag mat Wasser a Seef gebotz gin. Dei liicht Verbrennungen mussen net onbedengt ennert enger Kompress geschütz gin. Wann eng Kompress dropgeluecht get, muss se mindesten 1x am Dach gewieselt gin (nom Botzen vun der Verbrennungen).

D'Verbrennung soll mat irgendenger neutral fetteger Crème hydratante (Vaseline oder ähnleches) ageriwwen, fir d'Heelung ze ënnerstëtzen.

Opgepasst:



- Mat enger Naasser Box bei Feier stoen, spiert een am Ufank net. dat een verbrennt.
- En Flies schmëlzt, wann e verbrennt a kann dann
  u der Haut päschen

## Schocklagen

Et ass wichteg, dass een de Verletztene, jee no Problem bequem a richteg leet.

De Schock kënnt duerch ze vill Hëtzt, ze vill Bluttverloscht, staark Allergien, ze grouss Verbrennungen asw…

Fir dem Verletzten seng Bluttzirkulatioun erëm unzereegen, leeën mir hien mam Réck flaach op de Buedem an hiewen seng Been liicht an d'Luucht.


## Otemnout

- Wann ee schlecht Loft kritt, z.B. duerch Asthma, soll den Uewerkierper héichgelagert ginn.
- D'Persoun berouegen an bei him bleiwen
- Emmer en Chef ruffen an / oder den 112

## Stabil Säitelag

Ass de Verletzten net méi uspriechbar, leeën mir hien an d'stabil Säitelag. Doduerch dass een him de Kapp iwwerstreckt an hien op d'Säit leet, sinn seng Otemweeër fräi an d'Erstéckungsgefor ass kleng.

Hei gesäis du wéi d'stabil Säitelag ausgesäit. Fro däi Chef, hie kann dir weise wéi et geet.



## Wat kennt an eng Patrullenaptikt?

- 1 Pak breet geschnidde Plooschteren
- 8 einfach steril Kompressen, déi eenzel verpaakt sinn
- 1 Rouleau Peschplooschteren (Leukoplast)
- 2 elastesch Bandagen 6 cm breet
- 2 elastesch Bandagen 8 cm breet
- 6 steril Schnellverbänn (Small (2) + Medium (2) + Large (2)) (zb. Aluderm)
- 2 Dräiecksdicher
- 1 Kleeder Schéier
- 1 Stirthermometer
- 1 Bëschzeckenzaang
- 1 Desinfektiounsmëttel fir d' Behandlung vun iwwerflächlech Wonnen (op waasserléisslecher Basis, pickt net, praktesch ass ee Spray) Keen Desinfektiounsmëttel op Basis vu Jod (Braunol, etc) well et kéint jo mol een allergesch sinn
- Vinyl oder Nitril Händchen
- Rettungsdecken
- 2 Plastikstuten

# 3.6. Orientatioun

## Kaarten




Et gi verschidden Zorte vu Kaarten, hei hëlt ee jee no deem, fir wéi eng Zwecker een se brauch eng Stroossen-, Touristen- oder Landkaart.

Fir eis Zwecker bei de Scoute konzentréiere mir eis op topographesch Kaarten, och nach 'Regional-Kaart Serie R' genannt. Dës ginn a reegelméissegen Ofstänn vun der Administratioun du Cadastre et de la Topographie aktualiséiert an nei gedréckt. https://www.geoportail.lu/de/

Déi zwee geleefegst Moossstief sinn:

- 1/50.000: Dës ginn oft benotzt als Iwwersiichts-Kaarten.
  Dës Serie besteet aus zwou Kaarten, eng fir de Süden an eng fir de Norden.





1/20.000: Dëst si ganz detailléiert Kaarten, ideal fir eis Zwecker. Op dëse Kaarte fënns de all Informatiounen, déi's de brauchs, fir dech um Terrain ze situéieren an z'orientéieren. Dës Serie besteet aus 10 Kaarten. Du gesäis hei lenks déi verschidde Gebitter.

All dës Kaarte kanns de online bestellen um Internetsite vun der Administratioun du Cadastre et de la Topographie oder an der Librairie kafen.

De Moossstaf vun der Kaart gëtt der Informatiounen iwwert d'Distanzen.

ZB eng Kaart am Moossstaf 1/20.000:


- 1 cm op der Kaart sinn 200 m a Wierklechkeet.
- 1 km a Wierklechkeet si 5 cm op der Kaart





D'Héichtelinnen (brong Strécher) ginn dir den Niveau vum Terrain un. Den Ofstand vun engem Stréch op deen aneren ass a Wierklechkeet 5 Héichten-Meter.




Déi Haapt-Gebailechkeeten an den Dierfer sinn ënnerschiddlech symboliséiert.


Centre culturel
Éc.
281
Théâtre
St. pomp
284
POST
HEID


1
2
3
4
Type d'activité : Agricole (1) - Industrielle (2)
Publique (3) - Commerciale (4)
Kind of activity : Agricultural (1) - Industrial (2)
Public (3) - Commercial (4)
Art der Tätigkeit : Landwirtschaftlich (1) - Industriell (2)
Öffentlich (3) - Wirtschaftlich (4)


Construction technique - Éolienne - Réservoir
Technical building - Wind turbine - Oil storage
Technisches Bauwerk - Windrad - Oelbehälter
Édifice religieux - Synagogue
Religious building - Synagogue
Religiöses Gebäude - Synagoge
Oratoire, Chapelle - Cimetière chrétien ou mili
Cimetière israélite - Monument
Oratory, Chapel - Christian or military cemeter
Jewish cemetery - Monument
Kapelle - Christlicher- oder Militärfriedhof
Jüdischer Friedhof - Denkmal
Terrain de football - Camping - Terrain de tenr
Football field - Camping - Tennis

Bei der Buedemnotzung ënnerscheet een haaptsächlech tëschent Felder a Bëscher.




1. Felder
2. Lafbësch
3. Nolebësch
4. Mëschbësch

All Waasserleef oder Quelle fënns de och erëm. Si sinn blo agezeechent.




Mat dat Wichtegst fir eis sinn déi verschidden Weeër a Stroossen.




2. Autoroute : Aire de service, de repos
*Motorway : Service area, Resting area*
*Autobahn : Autobahnrastplatz, Rastplatz*

| Principale<br>*Main road*<br>*Hauptstrasse* | Secondaire<br>*Secondary road*<br>*Nebenstrasse* | |
|---|---|---|
| N. | | Route à deux chaussées séparées<br>*Dual carriageway*<br>*Schnellverkehrsstrasse* |
| N. 1. | | Route entre 11 m et 10 m<br>*Road between 11 m and 10 m*<br>*Strasse zwischen 11 m und 10 m* |
| N. | | Route entre 7,5 m et 6,5 m<br>*Road between 7,5 m and 6,5 m*<br>*Strasse zwischen 7,5 m und 6,5 m* |
| N. | | Route entre 5,5 m et 4,5 m<br>*Road between 5,5 m and 4,5 m*<br>*Strasse zwischen 5,5 m und 4,5 m* |
| C.R. 3. | | Chemin Repris - Chemin non classé<br>*Road - Country road*<br>*Strasse - Hauptweg* |
| | | Chemin<br>*Track*<br>*Nebenweg* |
| | | 4. Sentier<br>*Footpath*<br>*Fussweg* |
| | | Allée<br>*Path*<br>*Allee* |


## Kompass

De Kompass ass en Tool mat deem een d'Himmelsrichtunge bestëmmt. Mir benotzen en fir eis ze orientéieren, iwwerall do wou mir soss keng oder net genuch Unhaltspunkten hunn.

Mat all Kompass kann een dës fundamental Funktiounen ausféieren:

- Anhale vun enger bestëmmter Marschrichtung z.B. Nuets, bei déckem Niwwel oder an déckem Gestrëpp, wann's du dech u soss näischt orientéiere kanns.
- Orientatioun mat Kaart a Kompass an engem dir onbekannten Terrain.
- Fix Punkten, déi ee gesäit an eng Kaart androen.
- Bestëmmung vu senger eegener Positioun mat Hëllef vu Kaart a Kompass.
- En Obstakel z.B. Séi, Zone de protection oder décke Bësch ëmgoen.

Dës Technike kriss du op den nächste Säite gewisen.



De korrekte Gebrauch vum Kompass schéckt e puer allgemeng Reegele viraus déi een onbedéngt anhale soll:

De Kompass ass en deiert a sensibelt Instrument duerfir soll een all Schock vermeide souwuel duerch stousse wéi och duerch grouss Temperaturschwankungen (ni de Kompass der direkter Sonnestralung onnéideg aussetzen).

Vermeit de Kontakt beim Upeilen, Marschéieren oder Annorde mat Eisen, Stol, Néckel oder Stroumleitungen, well si kennen d'Nol oflenken - wëll dës jo de magnétiséierten Norde sicht. Et ass wichteg dass du dech virun all Gebrauch verséchers dat däi Kompass net gestéiert gëtt.

Sicht iech är Objet'en déi der upeilt zweckméisseg eraus. De Waassertuerm ass zwar e gudde Fixpunkt, denk just drun dat en net gëeegent ass, fir duerno nach eng weider Peilung ze maachen. Dat nämmlecht ass de Problem bei engem Héichspannungsmast.

Peil nëmme Saachen un déi, immobil sinn, eng Kou oder och e Camion erfëllen heifir net hiren Zweck.

Wat Distanz tëschent denger Peilung an dir méi grouss ass wat d'Ofwäichung méi kleng gëtt. Et huet kee Sënn all 10 Meter eng Peilung ze maachen. Wann et an esou engem Fall net anescht geet dann hal de Kompass esou virun dech, dass du gutt drop gesäis a géi einfach an där Richtung weider esou dat d'Nol ëmmer op den Index weist.

De Prinzip firwat e Kompass iwwerhaapt fonctionéiert besteet doran dat eis Äerd sech wéi e grousse Magnéit verhält, an de Südpol vun der Kompassnol automatesch op de magnéiteschen Nordpol weist. Well dësen awer net mat dem geographeschen Nordpol iwwertenee stëmmt kréie mir hei eng Ofwäichung, déi Declinaisoun genannt gëtt.


D' Gréisst vun dëser Declinaisoun ass jee no de geographescher Lag vu Plaz zu Plaz verschidden, si ass och net konstant mee ännert vu Joer zu Joer.

Fir Lëtzebuerg läit d'Declinaisoun am Moment bei 0°54' an hält all Joer em 0°6' of.


Entweder berécksiichtegst du dës Ofwäichung direkt beim Anorde vun der Kaart oder du hues eventuell d'Méiglechkeet fir dëst bei dengem Kompass anzestellen.

**Kaart annorden**


Dëst ass dat éischt wat's du méchs wann's du mat Kaart a Kompass schaffs:



1. Du dréins esou laang um Riedche mat der Graduéierung bis N=0°




2. Elo lees du de Kompass a Feilrichtung op d'Indikatioun vum magnéiteschen Norden. (Wann Declinaisoun schonn op dengem Kompass agestallt ass hells du d'Indikatioun vum Geographeschen Norden).




3. Elo dréin's du d'Kaart esou laang bis d'Nol (rout Säit) těschent de Strécher vum Norden zentréiert ass.

## Bestëmmung vun dem Richtungswénkel




'AZIMUT' an der Marschrichtung op der Kaart. Du wëlls an direkter Linn vun engem Punkt op den anere goen:



1. Vir d'éischt muss du d'Kaart annorden.



2. Du dréis déi 2 Punkten A + B op der Kaart an a verbënns se mat engem Stréch (Bläistëft)



3. Den hënneschten Eck vum Kompass lees du op de Punkt A (point de départ) an déi lénks Säit laanscht de Stréch deen's du gezunn hues a Richtung vum Punkt B.



4. Elo dréins du esou laang un der Dous bis dass den Norden op dengem Riedchen (zwee Strécher) mat der Nol déi no Norde weist (rout Säit) iwwereneestëmmt.



5. Elo lies du beim Index den AZIMUT Wäert of.

**Upeilen**

a Bestëmmung vun der Marschrichtung am Terrain.





1. Dës setzt viraus dat's du den Azimutwäert virdru selwer ermëttelt hues oder soss matgedeelt krus.
2. Du dréins esou laang un denger Dous vum Kompass bis du déi respektiv Graden um Index vum Kompass ofliese kanns.
3. Elo hiefs du de Kompass an Aenhéicht ongeféier 30cm virun dech (a kucks an de Spigel wann een op dengem Kompass ass).



4. Du dréins dech mat dem Kompass esou laang bis den Norden vun der Nol (rout Säit) tëschent den zwee Strécher vum Nordkräitz zentréiert ass.



5. Nodeems du elo déng Marschrichtung bestëmmt hues sichs du dir en Objet deens du upeile kanns. Dofir kucks du duerch d'Viséier vum Kompass (kuck op der Säit 119).
6. Duerno gees du bei dësen Objet a peils en Neien un, du widerhëlls dëst esoulaang bis du um Ziel ukomm bass.

**Bestëmmung vun engem siichtbare Punkt op der Kaart**

Vu wäitem gesäis du e Punkt a wëlls deen op der Kaart situéieren:



1. Duerch d'Viséier peils du de Punkt deen's du bestëmme wëlls un.




2. Du kucks elo am Spigel an dréins esou laang un der Dous bis d'Nol (rout Säit) tëschent de Strécher vum Norden zentréiert ass.



3. Op der Kaart déi s du agennord hues, dréis du de Punkt op deem's du stees an. Dann lees du den hënneschten Eck vum Kompass op dëse Punkt. Elo dréins du de Kompass esou laang ronderëm bis déng Nol erëm tëschent den zwee Nordstrécher um Riedchen ass.
4. Laanscht déi lénks Säit vum Kompass zitts du eng Linn. De Punkt deen's du bestëmme solls läit op dëser Linn.

Wann's du de Punkt elo nach net bestëmme kanns dann widderhuel dat.

### Ëmgoen vun engem Hënnernes




Du kanns keng Peilung maache well virun dir en décken Dännebësch oder soss en Terrain wou's du net duerchgoe kanns oder däerfs.

1. Vun dengem Azimut rechens du 45° of.


2. Du gees schif laanscht däin Hënnernes an ziels déng Schrëtt.

3. Wann's du um Wupp vum Hënnernes ukomm bass gees du e puer Meter no dengem Azimut.

4. Bas du ganz laanscht d'Hënnernes gaange rechens du elo 45° bei däin Azimut derbäi a gees déng gezielte Schrëtt of.

5. Hei ukomm gees du erëm no dengem Ausgangs-Azimut.

De Kompass ass keng Spillsaach! Rësel en net ze vill, soss krit en eng Blos an e navigéiert dech ob déi falsch Plaz.



## De Croquis


Zu Lëtzebuerg kanns du op en detailléierte Kaartesystem zeréckgräifen. An anere Länner ass dëst awer net ëmmer de Fall. Hei ass dir de Croquis eng nëtzlech Ergänzung.

Mir maachen den Ënnerscheed tëschent:

- 2D-Croquis (Croquis panoramique)
- Weecroquis oder och nach Sprenz genannt
- Plangcroquis, Croquis topographique

Fir de Croquis ginn déi nämmlecht Symboler, wéi déi vun den topographesche Kaarten, gebraucht.

Bei grousse Fläche gebrauche mir folgend Schraffuren:




Op all Croquis soll och eng Kartusch sinn an där folgend Informatioune stinn:

- Zorte vum Croquis
- Wat de Croquis duerstellt
- De Sënn/Zweck vum Croquis
- Wien e wéini gezeechent huet


**2D-Croquis**

Dëse Croquis ass eng perspektivesch Duerstellung vun enger Vue.

D'Zeechnung gëtt vereinfacht doduerch, dat een nëmmen déi wichteg a markant Saachen eenzel opzeechent, z.B.: e Schapp, Waasserplaz, Bréck.... déi aner Elementer ginn am Block duergestallt.

z.B.: de Bësch, Haisereihen, Hecken.

Heidrënner fënns du en Virbild vun engem 2D-Croquis:



**Wee-Croquis**

De Wee Croquis gëtt meeschtens benotzt wann's du keng Kaart bei Hand hues, oder wann dës net vollstänneg ass. Du kanns en awer och als Message op engem Hike benotzen. Dëse Croquis ass eng Duerstellung vun engem Hiketrajet, deen iwwert Stroossen, Wee'er oder kleng Pied féiert.


**Hei e puer Reegele fir e Croquis ze zeechnen:**

- Du berécksiichtegs keng Himmelsrichtungen. Déng Streck geet vum ënneschte Rand vum Blat riicht bis op den ieweschte Rand.
- Distanze ginn och net am Moossstaf gezeechent.
- All Unhaltspunkten, Wee- oder Stroossekräizunge ginn op dem Croquis agezeechent. Tëschent dëse Punkte solls du ëmmer en Ofstand vu +/- 1,5 cm loossen.
- Bëscher, Dierfer a Wise gi schrafféiert am Block duergestallt.
- Fir d'Wee'er oder soss markant Punkte benotze mir déi nämmlecht Zeeche wéi op den topographesche Kaarten
- Du kanns bei bestëmmte Punkten d'Distanz zu dengem Ausgangspunkt androen.
- Um Ufank an um Enn vun all Streck gëtt d'Nordrichtung agezeechent.

NATUR CROQUIS



CROQUIS



## Buedemzeechen


D'Buedemzeechen, och nach Signes de piste genannt, gëtt gebraucht fir de Scouten op engem Trajet oder Spill de Wee ze weisen andeems ee just Saachen aus der Natur benotzt wéi z.B. Steng, Holz oder Gras. No dëser Method lees de d'Zeechen ëmmer op déi riets Sait vum Wee.



Falsche Wee



An dës Richtung




Gefor



Noricht an dëser Richtung an engem Emkrees vun 3 Meter



Et hënnert eppes am Wee



Waarden



Spléckt iech an 2 Equipen vun 3 an 2 Leit



Drénkwaasser



Keen Drénkwaasser




De Camp ass an dëss Richtung



Enn vum Wee

D'Symbol vun de Signes de Piste, wat d'Enn vum Wee symboliséiert, gëtt bei de Scouten och reegelméisseg genotzt, wann e Scout verstierwt. Dësst weist, dass de verstuerwene Scout och op sengem Enn vum Wee ukomm ass.




## Koordinaten

D'Lëtzebuerger Land ass an e Koordinatesystem, „Gauss-Luxembourg“ agedeelt, an d'Unitéit vum Quadrillage (Gitternetz) ass de km (Kilometer). Den Ausgangspunkt vun eisem Koordinatesystem läit a Frankräich, esou dat mir mathematesch gesinn nëmme positiv Koordinaten an eisem Kaartesystem hunn.

**D'Extremitéite vun eisem Land leien ob**


- den Absissen (49 am Westen an 105 am Osten)
- den Ordinaten (57 am Süden an 139 am Norden)




Dës Wäerter sinn op de Bore vun all Kaart agedroen. An de Kaarte selwer fënns du och kleng Kräizer (+), déi d'Schnëttpunkte vun den Absissen an den Ordinaten uginn.

Duerch Indikatioune vu Koordinate kann ee ganz präzis Punkte bestëmmen.

**Zesummesetzung vun enger Koordinate:**




Fir d'Koordinate op der Kaart ze lokaliséiere kann en sech mat engem Lineal oder besser mat engem Réimer héllefen.




Wann ee mam Réimer schafft, soll een sech ëmmer eng Reegel verhalen:

Fir d'éischt sicht een d'Absiss an dann d'Ordinat. Als Hëllef kanns de dir dës Ieselsbréck verhalen:

Den Af geet fir d'éischt bei de Bam, éier hien eropklëmmt.

Fir eng Koordinate op der Kaart ze sichen, kanns de 2 verschidde Methoden uwenden.

Bsp.: Du hues eng Koordinate, an du sichs e Punkt.



1. D'Kaart läit riicht virun der. (D'Gitternetz ass am rëschte Wénkel.)
2. Du sichs de Schnëttpunkt vun der Absiss an der Ordinat a lees de Réimer mat senger Origine op dëse Punkt.



3. Da réckels du de Réimer x Unitéiten op der Absiss no riets an dono x Unitéiten op der Ordinat no uewen.



4. D'Origine läit elo um Punkt, deen's de gesicht hues.Dat heeeescht, dass de lénksen Eck vum Réimer op de Schnëttpunkt vun Abcis an Ordinat geluecht gëtt.

**Alternativ:**

1. D'Kaart läit riicht virun der. (D'Gitternetz ass am rëschte Wénkel.)

2. Du sichs de Schnëttpunkt vun der Absiss an der Ordinat a lees de Réimer mat senger Origine op dëse Punkt.

3. Du léis de Réimer op der Kaart leien a réckels mam Fanger x Unitéiten op der Absiss no riets an dono x Unitéiten op der Ordinat no uewen.

4. Däin Fanger läit elo um Punkt, deen's de gesicht hues.

Bsp.: Du hues e Punkt, an du sichs seng Koordinate.

1. D'Kaart läit riicht virun der. (D'Gitternetz ass am rëschte Wénkel.)

2. Du lees de Réimer op de Punkt, deen's de bestëmme wëlls.


3. Dann zentréiers du de Réimer tëschent de Schnëttpunkte vun den Absissen an den Ordinaten.

4. De Schnëttpunkt, wou d'Origine vum Réimer ass, ergëtt deng Wäerter fir d'Absiss an d'Ordinat.

5. Elo muss du just nach deng Unitéite vun der Absiss an der Ordinat um Réimer ofliesen.

# 3.7. Natur

## De Bësch



En Drëttel vu Lëtzebuerg ass bedeckt mat Bësch. Et ass haaptsächlech Lafbësch mat Eechen a Buchen, de Rescht sinn Nolebëscher, an deene Fiichten an Douglase stinn. Lëtzebuerg ass dat Land an Europa mam gréissten Undeel vu Bësch. D'Hallschent heivun ass am Privatbesëtz an déi aner gehéiert de Gemengen an dem Staat.



## Déi heefegst Beem a Blummen an eisen Bëscher

**Nolebeem:**

Douglas





Ficht




Mëläs





Bëschkifer




**Laafbeem**

Bich





Eech





Hobich





Esch





Aaschtert





Biirk





Vullekiischt





Hieselter





Wanterlann





## Kreider an Blummen

Heckepëppchen, lesselsouer (gëfteg)



Bëschbier



Klackeblumm (gëfteg)



Feierblumm



Kriddelkraitchen (gëfteg)



Lëtsch (Schilf)



Belladonna (gëfteg)



## D'Déieren an eiser Natur

**Mamendéieren**

L: Kierperlängt (ouni Schwanz) ; G: Gewiicht ; A: Alter (Maximalwäert; déi meescht ginn net sou al) ; SW: Spanwäit

**Biber**

L: bis 1 m ; G: bis 30 kg ; A: bis 12 Joer

De Biber war zu Lëtzebuerg laang ausgestuerwen. Elo ass hien nees do, am Éislek wéi am Guttland. De Biber lieft ëmmer beim Waasser. Bei klenge Baache baut hien Dämm fir d'Waasser ze stauen. Hien huet ee Bau am Ufer oder eng Buerg aus Äscht, Steng a Bulli. De Biber huet ganz staark Zänn a kann esouguer Beem vu bis zu engem Meter Déckt duerch bäissen. U Beem, am léifste Weiden, geet hie meeschtens am Wanter fir un déi dënn Äscht an der Kroun ze kommen; dovunner frësst hien dann d'Schuel. Am Summer frësst hie ganz vill verschidde Planzen (z.B. Brennnesselen).



**Dachs, Duess**

L: bis 80 cm ; G: bis 23 kg ; A: bis 12 Joer

Den Dachs huet eng schwaarz-wäiss Gesiichtsmask an ass liicht ze erkennen. De Rescht vum Kierper ass gro. Hie kënnt am ganze Land vir. Hie grueft säi Bau an de Buedem. Am léifste mécht hien dat am Sandbuedem. De Bau gëtt markéiert mat Kacka, deen den Dachs a 15 Zentimeter déiwe Lächer ofleet, déi hie selwer gegruewen huet. Dachse sinn Allesfrësser a friesse vill klengt Gedéiesch wéi Insekten, Wierm, Schleeken, mee och vill Friichten déi vun de Beem falen (Kiischten, Quetschen, Äppel asw.).



**Fuuss**

L: bis 90 cm ; G: bis 9 kg ; A: bis 7 Joer

De Fuuss kënnt am ganze Land vir. Fiiss friesse virun allem Wullmais, déi se op de Wisen a Felder fänken, awer och vill aner klengt Gedéiesch. Am Hierscht friessen si och vill Uebst wat vun de Beem fält. Doduerch, dass hie vill doudeg Déiere frësst (Aas), kann een de Fuuss als Gesondheetspolizist vun eiser Natur bezeechnen. Fréier hat de Fuuss heiansdo Tollwut. Säit 2003 gëtt et déi Krankheet net méi a Westeuropa.



**Hues**

L: bis 70 cm ; G: bis 6 kg ; A: bis 12 Joer

Huesen hunn immens laang Oueren an héieren dofir ganz gutt. Si hunn och laang hënnescht Been a kënne ganz schnell fortlafen, wa Gefor do ass. Den Hues war fréier ganz heefeg zu Lëtzebuerg. Leider huet hien duerch d'Verännerungen an der Landschaft vill Liewensraum verluer. Huesen si Planzefrësser. Déi kleng Huese gi vun der Mamm oft am Dag eleng gelooss. Wann een e klengen Hues fënnt, soll een deen net upaken, mee einfach a Rou loossen.



**Kaweechelchen**

L: bis 25 cm ; G: bis 400 g ; A: bis 10 Joer

D'Kaweechelchen ass liicht u sengem buschege Schwanz ze erkennen. De Pelz ass rout bis roudbrong an heiansdo bal schwaarz. Kaweechelcher liewen am Bësch, mee och an Uertschaften a Parken, a sinn am Dag aktiv. Nuets schlofen si an engem Nascht, dat d'Form vun enger Kugel huet. D'Kaweechelchen ass een Allesfrësser a frësst virun allem Nëss, Friichten, Som, Insekten a Vulleneeër, awer och kleng Vullen, déi et an d'Näschter siche geet. Säit 2016 ass d'Kaweechelchen ënner Naturschutz.



**Igel, Kéisécker**

L: bis 30 cm ; G: bis 1,3 kg ; A: bis 7 Joer

Igele liewen och an den Uertschaften a mat bësse Chance kann een se mol owes wann et däischter gëtt am Gaart gesinn. Et soll een Igelen net fidderen, scho guer net mat Méllech. Igele friesse vill Wierm, Schleeken an Insekten, awer och kleng Mais an Eeër. En erwuessenen Igel huet ongeféier 5000 Stachelen. Wëllt een dem Igel hëllefen, da soll een a sengem Gaart puer wëll Ecke beloossen, mat engem Koup Blieder oder Äscht. Do kann hie sech verstoppen an och säi Wanterschlof halen.



**Grousst Wisel, Hermelin**

L: bis 28 cm ; G: bis 400 g ; A: bis 6 Joer

D'Grousst Wisel huet schlanke Kierper mat kuerze Been. Am Summer ass et um Réck brong an um Bauch wäiss gefierft, an am Wanter ganz wäiss. Just d'Spëtz vum Schwanz bleift d'ganzt Joer iwwer schwaarz. Grouss Wisele sinn op Mais a Rate spezialiséiert, kënnen awer och mol eng Kanéngchen erwëschen. Si kënnen och ënnert dem Buedem an de Gäng vun de Wullmais joen. Si liewen an Hecken an op Wisen a Weede mat dichtem Gras, awer net am Bësch.



**Réi**

L: bis 1,3 m ; G: bis 25 kg ; A: bis 12 Joer

D'Réi ass zu Lëtzebuerg ganz heefeg a kënnt am ganze Land vir. Et ginn der sou vill, dass se vill Schued am Bësch maachen. Réi friesse Knospen a frësch Schëss vun de Beem. Enn Mee-Ufank Juni kommen di Kleng (Kitz). Déi leien am Dag meeschtens eleng iergendwou am Gras. D'Mamm kënnt nëmmen 2-3 mol laanscht, fir Mëllech ze ginn. Wann een sou ee Kitz fënnt, soll een dat op kee Fall upaken, mee einfach a Rou loossen.



**Steemarder**

L: bis 52 cm ; G: bis 2,3 kg ; A: bis 10 Joer

Steemarder hunn ee gro-bronge Pelz, eng rosa Nues an ee wäisse Fleck op der Broscht, dee sech no ënne spléckt a bis op déi viischt Been erof geet. Si liewen am Bësch an um Feld, mee och iwwerall an den Uertschaften. Steemarder sinn Allesfrësser an ernieren sech vu Mais, Vullen, Insekten, Eeër a Friichten. Am Dag schléift de Steemarder oft um Späicher vun Haiser. Wann hien do seng Kleng huet, da maachen déi beim Spillen oft vill Kaméidi.



**Wëll Kaz, Wëllkaz**

L: bis 65 cm ; G: bis 10 kg ; A: bis 10 Joer

D'Wëllkaz kënnt zu Lëtzebuerg op ville Plaze vir, ass awer net immens heefeg. Si lieft als Eenzelgänger. Wëllkaze friesse virun allem Mais, déi si um Bëschrand oder op Lichtunge joen. Si sinn haaptsächlech an der Dämmerung a wärend der Nuecht aktiv. Am Dag schlofen si a Bamhielen oder anere Stoppen. D'Wëllkaz ass méi grouss a méi schwéier wéi eis Hauskaz. Si huet ee méi décke Schwanz, mat enger schwaarzer Spëtz a puer schwaarze Réng.



**Wëllt Schwäin, Wëllschwäin**

L: bis 1,8 m ; G: bis 160 kg ; A: bis 20 Joer

D'Wëllschwäi liewen am ganze Land a sinn immens heefeg. Si liewen a Gruppen, déi Rotte genannt ginn. Well si an der Nuecht aktiv sinn, gesäit een si awer ganz seelen. Si maache vill Schued an de Wisen an op de Felder. Am Dag leien si gutt verstoppt am dichten Ënnerholz. Wëllschwäi sinn Allesfrësser. Am léifsten hunn si Eechelen a Buchecker. Si friessen awer och vill Kären op de Felder (Mais, Weess asw.), klengt Gedéiesch, Eeër a kleng Mamendéieren (z.B. Mais).



**Wollef**

L: bis 1,5 m ; G: bis 60 kg ; A: bis 13 Joer

De Wollef war zu Lëtzebuerg iwwer 100 Joer ausgestuerwen. 2017 war fir d'éischt nees ee Wollef zu Lëtzebuerg. Wëllef friesse Réi, Wëllschwäin, Hirschen, Huesen, Mais, Insekten, an och Friichten, wann déi am Hierscht vun de Beem falen. An Europa liewe Wëllef a Ruddele vu 5-11 Déieren. Wëllef si schei Déieren a fäerten normalerweis de Mënsch. Begéint een engem Wollef, sou soll een sech einfach lues zeréckzéien.



**Zwergfliedermaus**

L: bis 4,5 cm ; G: bis 7 g ; A: bis 16 Joer; SW: bis 25 cm

D'Zwergfliedermaus ass eng vun eisen heefegste Fliedermais. Si sëtzt am Summer oft ënnert Klapplueden oder Daachzillen a jot och bei den Haiser no Insekten. Fliedermais sinn nëtzlech Déieren, déi an enger Nuecht bis zu 1000 Mustiken oder aner Insekte kënne fänken. Am Summer sinn oft 50-100 Weibercher beieneen, déi zesummen déi Kleng opzéien. De Wanter verbréngen d'Zwergfliedermais an Hielen oder an Tunnellen. Viru Fliedermais brauche mir Mënsche keng Angscht ze hunn.



## Vullen

L: Kierperlängt (mat Schwanz) ; G: Gewiicht ; A: Alter (Maximalwert; déi meescht ginn net sou al) ; SW: Spanwäit

**Bëschkauz**

L: bis 40 cm ; G: bis 600 g ; A: bis 15 Joer; SW: bis 1,05 m

De Bëschkauz ass bei eis am Land zimmlech heefeg. Hien ass entweder brong oder gro. Hie lieft am Bësch oder um Bëschrand a wunnt do a Bam- oder Fielshielen. Do leet hien och seng Eeër (2-5 Stéck). De Bëschkauz frësst virun allem Mais a Vullen.



**Bontspiecht**

L: bis 26 cm ; G: bis 90 g ; A: bis 11 Joer; SW: bis 39 cm

De Bontspiecht ass ongeféier esou grouss wéi eng Märel. Hien ass zu Lëtzebuerg nach heefeg a kënnt am ganze Land vir. De Bontspiecht lieft am Bësch, awer och a Parken, a weist sech och mol a Gäert. Seng Eeër (4-7) leet hien an eng Bamhiel. Am Summer frësst de Bontspiecht virun allem Insekten; am Wanter Nëss a Som.



**Bussar**

L: bis 60 cm ; G: bis 1,3 kg ; A: bis 26 Joer; SW: bis 1,3 m

De Bussar ka vu senger Faarf hier ganz verschidde sinn: vu bal ganz wäiss bis donkelbrong. Hie kreest oft ganz laang iwwert engem Feld oder engem Bësch. Säin Nascht baut de Bussar am Bësch op engem Bam. Oft gëtt dat selwecht Nascht vill Joeren hannertenee benotzt. Bussare friesse virun allem Wullmais.



**Groreeër**

L: bis 1 m ; G: bis 1,9 kg ; A: bis 25 Joer; SW: bis 1,9 m

De Groreeër ass ee vun eise gréisste Vullen. Am Fléien ass den Hals zesummegezunn a gesäit wéi en S aus. Groreeër friessen net nëmme Fësch, mee och Fräschen, Schlaangen, Wierm, grouss Insekten an esouguer Mais. De Groreeër kann esouwuel als Koppel eleng en Nascht bauen, oder awer a Kolonie vu bis zu 30 Koppele mat hiren Näschter zesumme sinn.



**Kréchel, Tuermfallek**

L: bis 38 cm ; G: bis 300 g ; A: bis 15 Joer; SW: bis 80 cm

Den Tuermfallek ass brong gefierft. De Männchen huet awer ee groe Kapp an ee groe Schwanz. Wann den Tuermfallek no Mais sicht, steet hien oft quasi an der Loft. Den Tuermfallek baut keen eegent Nascht, mee iwwerhëlt Näschter vu Kréien oder Kueben, oder bréit an enger Fielswand.



**Roude Milan, Roude Schéierschwanz**

L: bis 70 cm ; G: bis 1,4 kg ; A: bis 20 Joer; SW: bis 1,8 m

De roude Schéierschwanz erkennt ee gutt u sengem gespléckte Schwanz. Säin Nascht baut hien op Beem, déi oft um Bëschrand stinn. De roude Milan frësst ganz vill Aas, jot awer och Vullen, Mais, Fräschen, Insekten asw. Am Wanter zéien di rout Schéierschwänz an de Süden, an zwar haaptsächlech a Spuenien.




Bicherquellen:

- Säugetiere Luxemburgs, vum Laurent Schley a Jan Herr (ISBN: 978-2-9199511-0-9)
- Vögel Luxemburgs, vum Patric Lorgé an Ed. Melchior (ISBN: 978-2-919920-01-3)

# 3.8. Astronomie a Meteorologie

## Astronomie

### Sonnesystem



D'Sonnesystem ass eng Unzuel vu Planéiten a Mounden déi ronderëm d'Sonn dréinen an déi duerch hier Schwéierkraaft an der Bunn gehale ginn.

An eisem Sonnesystem ginn et aacht Planéiten. Sie heeschen: Merkur, Venus, Äerd, Mars, Jupiter, Saturn, Uranus an Neptun. All dës Planéiten ëmkreesen d'Sonn an enger Ëmlafbunn.

Verschidden aner Planéiten aus eisem Sonnesystem sinn ze kleng, fir als richtege Planéit genannt ze ginn: dëst sinn d'Zwergplanéiten, wéi zum Beispill de Pluto.



D'Sonn ass an der Mëtt vun eisem Sonnesystem a besteet aus Plasma. Se ass ongeféier 4,6 Milliarde Joer al.

D'Äerd ass den 3. Planéit vun der Sonn gesinn. Mir sinn net ze no bei der Sonn sou, dass mer net verbrennen an awer net ze wäit ewech sou, dass et nach waarm genuch ass. Am Laf vun der Zäit huet sech ronderëm d'Äerd eng Atmosphär gebilt an dofir kënne mir hei liewen.

D'Äerd ass am Verglach zu deenen anere Planéiten zimmlech kleng. Hiren Duerchmiesser ass 12700 km a si ass 4,6 Milliarde Joren al. Si ass och 2/3 mat Waasser bedeckt a gesäit aus dem Weltall wéi e bloe Punkt aus.

Eis Äerd brauch 365,24 Deeg fir eng Kéier ronderëm d'Sonn ze dréinen. Doduerch entstinn och d'Joreszäiten. All 4 Joer hunn mir duerch déi 0,24 en "Schaltjoer" fir dass et mat den Deeg opgeet. D' Äerd dréint och ëm hier eegen Achs, dofir brauch si 24 Stonne fir een Dag an eng Nuecht.

De Mound dréint ronderëm d'Äerd well hien vun hirer Schwéierkraaft ugezu gëtt. Hien huet en Duerchmiesser vun 3.476 km an ass 384.446 km vun der Äerd ewech. Hien ëmkreest d'Äerd a 27 Deeg, 7 Stonnen an 43 Minutten. Mir gesinn de Mound esou gutt well hie vun der Sonn beliicht gëtt an dat Liicht reflektéiert. Deemno wou de Mound grad ass geheit d'Äerd en Schied op hie well d'Sonn hannendrun steet. Dofir gesäit de Mound ëmmer anescht aus: (verschidde Moundphasen).

Eng Mound a Sonnendäischtert ass deemno wéi d'Äerd, de Mound an d'Sonn an enger Linn stinn. Esou kann eng Mounddäischtert oder eng Sonnendäischtert entstoen. Bei der Moundfinsternis steet d'Äerd tëschent dem Mound an der Sonn a geheit de Schied vollstänneg op de Mound. Wann de Mound tëschent der Äerd a der Sonn steet a mir d'Sonn dofir net méi gesinn, entsteet eng Sonnenfinsternis.

D'Mëllechstrooss ass eng Galaxie. Eist Sonnesystem ass nëmmen ee klengen Deel vun der Mëllechstrooss. Ee Stéck vun hier kanns du an enger klorer Nuecht um Himmel gesinn:

**Stärebiller:**


Vill Stären déi's du Owes um Himmel observéiere kanns sinn an bestëmmte Musteren agedeelt. Déi al Griichen hunn hinne virun 2000 Joer Nimm ginn, zum Beispill de Groussen an de Klenge Won (och heiansdo Bier genannt), den Orion, d'Kassiopeia, de Skorpioun, d'Schlaang an de Jeeër, asw.

D'Stärebiller variéiere mat der Dréiung vun der Äerd. Esou kënnt et, dass du all Mount aner Stärebiller um Himmel kanns gesinn an sech d'Stären op anere Platzen am Himmel befannen.




De Polarstär ass sou wei e Kompass, well e weist ëmmer den Norden un. Hien ass net deen hellste Stär um Himmel, wéi oft ugeholl, mee hien ass trotzdeem liicht ze fannen. De ganze Stärenhimmel gesäit zu deenen verschiddene Joreszäiten anescht aus, well d'Äerd dréint. Mee de Polarstär bleift ëmmer op där selwechter Plaz well hien zimmlech an der Achs vun der Äerd läit an all déi aner Stäre ronderëm hie "dréinen".

- Et geet duer wann's du de Grousse Won um Himmel fënns. Hien ass zimmlech einfach ze fanne well seng Stären hell liichten an hie gesäit en bëssen aus wéi eng Kasserolle.



- Dann hëls du d'Distanz tëschent den « hënneschte Rieder » vum Grousse Won a verlängers dat 5 mol no uewen. Do fënns du dann de Polarstär a kanns den Norde mat him bestëmmen.

  Stäreschnäizen, dat si kleng Stécker aus Eisen a Fiels vu de Meteoren, déi ofbriechen an dann bei eis an d'Atmosphär falen. Wann se do era kommen, da verbrennen se an dofir kënne mir si an der Nuecht gesinn.

  Vergiess net dir eppes ze wënsche wann s du eng gesäis, well si brénge Gléck.

  Oft gesäit ee géint Mëtt August besonnesch vill Stäreschnäizen, et lount sech also do wärend dengem Summercamp an den Himmel ze kucken.

  Fir grouss Distanzen am Universum ze berechnen hëlt ee Liichtjoren. Ee Liichtjoer ass d'Streck wat d'Liicht an engem Joer zréckleet, dat sinn 300 000 Kilometer pro Sekonn. Zum


  Beispill brauch d'Liicht vun der Sonn 8 Minutte bis et bei der Äerd ukënnt.

## Meteorologie



An der Meteorologie geet et em Bestëmme vum Wieder un Hand vu Beobachtung vum Himmel. De Meteorologe vergläicht dofir Phenomener wéi Lofttemperatur, -Fiichtegkeet & -Drock, de Wand, Quantitéit vum Reen, Wolleken, a Besonnesches wéi Donnerwieder oder e Reebou.

D'Atmosphär vun der Äerd besteet aus verschidden Zonen. Fir Meteorologie ass virun allem déi ënnescht, d'Troposhpär wichteg well sech hei all wichteg Wiederphenomener ofspillen.




De Loftdrock besteet aus Waarm- & Kalfronten, déi d'Wolleken an domadder eist Wieder bestëmmen.

D'Temperatur gëtt normalerweis dobaussen ob enger Héicht vun 2 Meter vum Buedem aus gemooss. Den Thermometer dierf heibäi net der direkter Sonn ausgesat sinn.

De Wand entsteet duerch Beweegunge vum Loftdrock. Seng

Geschwindegkeet gëtt a Kilometer pro Stonn (km/h) gemooss. Dat ass da Wandstäerkt déi mat der Beaufort-Skala mat Wäerter vun 0-12 Bft verglach gëtt.

D'Form vun de Wolleke verroden oft wéi Wieder den Dag iwwer wäert ginn.

- Eng Cumuluswollek ass oft bei engem sonnegem Dag ze fannen. Si besteet aus vill Fiichtegkeet déi se an der Loft fënnt.



- De Cumulonimbus fënns du oft am Summer erëm an déit en Donnerwieder un. Si bedeit och dass eng Kalfront ënnerwee ass.



- De Cirrostratus wéist dir un dass eng Waarmfront ënnerwee ass.



Nidderschlag ass den allgemenge Begrëff fir all Form vu Waasser. Dëse ka flësseg (Reen) oder fest (Schnéi, Knëppelsteng) sinn.


Fir Wieder propper ze bestëmmen a viraus ze gesinn, brauchs du meteorologesch Apparater. Déi heefegst benotzte sinn:

- Mam Barometer kanns du de Loftdrock bestëmmen. Seng Resultater ginn an hPa gemooss.
- Den Thermometer gëtt dir un wéi kal oder waarm et ass. Seng Moosseenheet ass a °Celsius.
- Mam Hygrometer bestëmms du d'Loftfiichtegkeet a gëtt an % ausgedréckt.
- En Anemometer weist dir wéi séier de Wand ass.
- De Wandsack wéist dir aus wéi enger Richtung de Wand bléist.

# 3.9. Lidder

## Scoutslidder


### Chaîne des adieux



Mir mussen ausernaaner gon,
ons Zéit déi ass erëm.
Looss Hierzer héisch nach emol schloen
a sangt mat voller Stemm.

Nun Äddi alleguer mir ginn,
a bleift ons all gesond,
bis mir ons nees erëm gesinn
am grousse Bridderbond!

Nun Äddi alleguer,
mir ginn a bleift ons all gesond,
bis mir ons nees erëm gesinn,
am grousse Bridderbond




Bei der Chaîne des Adieux ginn d'Ärem an d'Been Riets iwwert Lenks gekräizt och mam Noper. Bei der drëtter Strof beweegt jiddereen am Takt vum Lidd seng Ärem, dass eng grouss Well entsteet.

## Autour d’une table

Autour d'une table, entre bons amis
Qu'il est agréable d'être réunis oui oui
Qu'il est agréable d'être réunis

Bon appétit merci.

# Ban’en

## Ban vun der Kaffismillen

Brrrrrrrrrrrrrravo, Brrrrrrrrrrrrrravo, Brrrrrrrrrrrrrravo.

## Tschinglika

Tschinglika, Tschinglika, tschau, tschau, tschau.
Publica, Publica, bau bau bau
Tschiglika, bumlika, tschis bum ba.

B, R, A, V, O, Bravo! Bravo! Bravo!

## Bravo bravissimo

Bravo, Bravo, Bravo, Bravissimo!
Bravo, Bravo, Bravissimo!
Bravo, Bravissimo,
Bravo Bravissimo!
Bravo, Bravo, Bravissimo!

## Beweegungslidder:

### Laurenzia

Laurenzia liebe Laurenzia mein
wann wollen wir wieder beisammen sein
am Montag

Ach wenn es doch schon wieder Montag wär
und ich bei meiner Laurenzia wär
Laurenzia wär

Laurenzia liebe Laurenzia mein
wann wollen wir wieder beisammen sein
am Dienstag

Ach wenn es doch schon wieder Montag, Dienstag wär
und ich bei meiner Laurenzia wär
Laurenzia
Laurenzia liebe Laurenzia mein
wann wollen wir wieder beisammen sein
am Mittwoch


(Wat méi Deeg dran kommen wat d'Lidd méi lëschteg gëtt

Ach wenn es doch schon wieder Montag, Dienstag, Mittwoch, Donnerstag, Freitag, Samstag, Sonntag, Montag, Dienstag, Mittwoch wär
und ich bei meiner Laurenzia wär
Laurenzia wär

## Mir sangen am Reen

Mir sangen am Reen
Mir sangen am Reen
Wat as dat e Gefill Wa mir sangen am Reen
Mier sangen a mir sprangen Sprangen
An dem Reen.
Daume raus!!
A Tschu Tsche Tscha
A Tschu Tsche Tscha
A Tschu Tsche Tscha Tscha!

Heirënner kanns du den QR Code scannen an kriss de Zougrëff op de klenge Jäizert:



## 3.10. Spiller

Heirënner fënns du Fiche Techniquen vun Spiller, déi's du an denger Patrull spillen kanns.



# 4. Progressioun

An dengem Scoutsjoer erwaarden dech verschidde Saachen. An dengem éischte Joer méchs du däin Tenderfoot a léiers déi verschidde Saachen déi hei drënner stinn. Duerno, an dengem 2ten Joer, kanns du dann déi 2. Klass ufänken an am drëtte Joer hues du d'Méiglechkeet fir déi 1. Klass ze maachen.

## Tenderfoot

**Baden Powell:**

☐ Du weess wien de Baden Powell ass, a wat en gemaach huet

**BA:**

☐ Du hues eng BA (Bonne Action) gemaach

**Badger:**

☐ Du weess wat fir eng Badger et ginn an du weess dass et eng 1st Klass an eng 2t Klass gëtt.

**Ritualer & Spiritualitéit:**

☐ Du kënns déi heite Punkten:

- Chaine des adieux ☐
- Salut au drapeau ☐
- Lidd beim Iessen ☐
- Verspriechen kënnen & machen ☐
- Gesetz ☐
- Grouss ☐
- Carré ☐
- Krik-Krak ☐

**Patrullenliewen:**

☐ Du kënns déi heite Punkten:

- Hygiène ☐
- Chargen ☐
- Patrull / Trupp ☐

**Equipement:**

- [ ] • Du muss wësse wéis du däi Rucksak packs.
- [ ] • Du hues eng tipptopp Uniform & däi Foulard och ëmmer dobäi..
- [ ] • E Scout soll seng Täsch ëmmer dobäi hunn (Messer, Réimer, Kompass, Ficelle, Fixfeier/Feiersteen, Scoutsbichelchen, Bic & Bloc, Nuesschnappecher)

**FNEL & SIL (Scouting in Luxembourg):**

- [ ] Du kënns d'FNEL an du weess wéi de Scoutismus zu Lëtzbuerg entstanen ass a wéi en haut ass.

**Feier :**

- [ ] Du hues schonn ee Feier ugemaach.

**Grupp:**

- [ ] Du weess wéi däi Grupp opgebaut ass a wien d'Cheffe sinn.

**Internationale Scoutissmus:**

- [ ] Du weess wat WOSM ass a wat en Jamboree ass.

**Kniet:**

- [ ] Du kanns déi Haaptkniet (Platte Knuet; Fëscherknuet; Achterschléng, einfach Schléng).

**Geheimschrëften:**

- [ ] Du kanns déi wichtegst Geheimschrëften (zum Beispill: Morse, Code Grillé, asw)

**Orientatioun:**

- [ ] Du kenns d'Kaarten an du weess wat ee Kompass a wat ee Réimer ass.

**Respekt:**

- [ ] Du hues Respekt virun denge Matmënschen & der Natur, an du respektéiers d'Reegelen am Grupp.

Nom Ofschléisse vun dengem Tenderfoot kriss du vun dengem Chef gewisen, wéi een d'Liederskordell vum Tenderfoot selwer mëscht an du duerfs se un däin Hiem hänken.

## 2. Klass

2. Klass kanns du wärend deenen dräi Joer an der Scoutsbranche maachen. Sie situéiert sech an der Progressioun tëschent dem Tenderfoot an der 1. Klass

- ☐ Du kanns deng Kaart annorden
- ☐ Du kenns déi wichtegst Adressen an denger Uertschaft / Gemeng
- ☐ Du hëls eng Charge an der Patrull un (du schaffs aktiv un denger Patrulle Charge) (Du solls eng Patrullenversammlung organiséieren)
- ☐ Du weess, wéi äert Patrullenzelt opgeriicht gëtt a wéi et ënnerhal gëtt
- ☐ Du weess richteg mat ärem Patrullematerial ëmzegoen
- ☐ Kniet, du kanns de Brëllage a Seelverkierzung
- ☐ Du weess dech mat Hëllef vu Kaart a Kompass ze orientéieren
- ☐ Du kanns bei all Wieder e Feier maachen an drop kachen an du kenns déi verschidden Holz-a Feierzorten

☐ Du weess wéi de Morsecode unzewenden ass a verschidde Geheimschrëften (du kenns morse, code grillé an 2 aner Geheimschrëften au choix)

☐ Du kanns engem neie Scout Kniet bäibréngen (Platte Knuet; Fëscherknuet; Achterschléng, einfach Schléng)

☐ Du plangs eng Aktivitéit (entweder, Patrulle Versammlung, Nuetsspill, (ongeféier 2h)

☐ Du weess d'Bedeitung an d'Symboler vum FNEL's Zeechen a kanns et erklären

☐ Du muss (minimum) 5 Nuechten dobausse geschlof hunn (net hannerteneen)

☐ Och solls de folgend Badger schonns hunn:

- Orientatiouns Badge ☐
- Kachbadge ☐
- Konstruktiounsbadge ☐
- Naturbadge ☐
- Tenderfoot ☐

Nom Oofschleissen vun denger 2. Klass kriss du vun denge Cheffen de Badge vun der 2. Klass. (Foto vum Badge ass heirënner)



## 1. Klass

D'1. Klass setzt sech aus zwee Deeler zesummen. Den éischten Deel besteet aus Kritären déis du am Grupp muss erfëllen an duerch d'Erfëllen vun den Kritären duerfs du dech bei der FNEL fir den 1. Klass-Camp umellen andeems du eng kleng Motivatioun ranschécks.

Kritèren, déi d'Scouten mussen erfëllen fir an der 1. Klass kënnen ageschriwwen ze ginn :

- ☐ Du weess bei all Wieder e Feier ze maachen
- ☐ Du weess wei äert Zelt opgeriicht gëtt an wei et ënnerhal gët.
- ☐ Du weess dech mat Hëllef vun Kaart an Kompass ze orientéieren.
- ☐ Du huess eng droënd Charge an der Trupp.
- ☐ Du weess eng Kichekonstruktioun opzeriichten an kenns d'Kniet déi domat verbonne sinn.
- ☐ Du kenns d'Reegelen an enger Kichen an weess, wéi een op enger Kichekonstruktioun kacht.
- ☐ Du kenns d'Wäerter an d'Prinzippien vum Scoutismus.

Kritèren, déi ee muss afëllen vir an deem selwechte Joer eng 1. Klass iwwerreecht ze kréien:

- Umeldung
  - Check-List ënnerschriwwe vum CT/CG
  - Motivatioun vun denger Säit bis d'Umeldungsdeadline (heibäi sinn denger Kreativitéit keng Grenzen gesat (Bréif; Video; etc)
- Um Camp vun der 1. Klass um Misärshaff deelhuelen deen Ouschtere stattfënnt. Hei ass 100% Presenz an Initiativ gefuerdert.
- Am Joer vun der Kandidatur muss een an senger Trupp d'Patrull vum Joer kréien.


- Vir seng Trupp eng Aktivitéit vun mindestens 2 Stonnen organiséieren an duerchféieren.
- Wat gëtt um Camp gekuckt an bäibruecht?
  - Responsabilitéit a Sensibiliséierung géintiwwer der Natur an Ëmwelt
  - an engem Bivak schlofen
  - Feierdësch oprichten an dorobber kachen
  - Mat aneren Hëllëfsmëttelen sech um Terrain zurecht fannen (GPS, Croquis, etc.)
  - Leadership an Initiativ

Zum Schluss vun denger 1. Klass Formatioun kriss du dann deng wäiss Kordel fir un däin Hiem an den Badge vun der 1. Klass



| | |
|---|---|
| Leadership | σ |
| Initiativ | σ |
| Sensibilisatioun | σ |
| Orientatioun | σ |
| Feier | σ |
| Iwwernuechten | σ |
| Konstruktiounen | σ |

## Badger





## SOZIALT ENGAGEMENT



### Handkësselchen

- [ ] du péckს eng Hand mat un
- [ ] du kanns Aarbescht opdeele a selwer Responsabilitéit iwwerhuelen



### Cycliste

- [ ] du kenns Grondregele vum Code de la Route
- [ ] du wees wéi een sech bei engem Stroossenaccident verhält
- [ ] du organiséiers en Trajet an fiers en of (Mat eventuelle geféierleche Plazen op enger Kaart eremfannen)
- [ ] Du kënns däi Velo an hues déi neidesch Ausstattung



### Eischt Hëllef

- [ ] du kanns $1^{t}$ Hëllef fir Scouten (Scoutsbichelchen)
- [ ] du wees wéi een beim 112 urifft an wat ee soll soen (4 W-Froen)
- [ ] du wees wéi een eng Wonn, Nuesbludden, Blooderen, Schrummen a Verstauchunge behandelt.
- [ ] du kenns déi wichtegst Organer am Kierper
- [ ] du wees wéi an wéini een eng Persoun an déi stabil Säitenlag leet an d'Schocklagerung uwennt du wees wat an d'Patrullenapdikt gehéiert



### Jokerbadge


- [ ] du setz eegen Projeten op d'Been (wat een interesséiert)

## ËMWELT AN NATUR



### Naturfrënd

- [ ] du erkenns fofzéng Beem
- [ ] du erkenns zéng Vulle
- [ ] du erkenns fënnef Fësch
- [ ] du erkenns fënnef Amphibien
- [ ] du schreifs e Steckbréiw
- [ ] du mëss en Herbarium
- [ ] du baus e Vullenhäischen oder eng Fudderkrëpp



### Survival

- [ ] du kanns e Biwak bauen
- [ ] du kriss e Feier ouni Hellefsmettel un
- [ ] du baus e Wasserfilter



## Nohaltegkeet

- [ ] du weess wéi een bewosst ouni Plastik akeeft an präsentéiers et (Plakat, Ausstellung etc.)
- [ ] du weess wéi een Plastik am Alldaag ersetzen kann
- [ ] du stells e regionalen/saisonal Menu fir deng Patrull op
- [ ] du planz eppes un, doheem oder als Aktivitéit mat denger Patrull / Trupp
- [ ] du féiers eng Botz-BA duerch, mat der Patrull, der Famill etc.



## Astronomie & Météo

- [ ] du kanns erklären wéi eist Sonnesystem fonktionéiert
- [ ] du erkenns sechs Stärebiller
- [ ] du kanns all d'Planéiten aus eisem Sonnesystem opzielen
- [ ] du kanns d'Wieder mat Hëllef vun de Fachbegrëffer erklären

## ZESUMMELIEWEN

### Kachen

- ☐ du kenns d'Hygiènesreegelen an der Kichen an häls dës an (Liewensmëttel, Kachen an eegen Hygiène)
- ☐ du kanns an der Patrull mat dem passende Kachmaterial kachen
- ☐ du weess wéi een sech gesond ernährt an kanns dat ëmsetzen
- ☐ du kenns lokal d'Iessen an Rezepter an ausprobéiers et aus
- ☐ du kanns eng Spull dobannen wéi och dobaussen richteg organiséieren

### Teamwork

- ☐ du weess wéis du diplomatesch deng Meenung muss soen a beweis Éierlechkeet
- ☐ du bleiws fair a kenns e puer Teambuilding Spiller
- ☐ du weis Respekt vis-à-vis vun jidderengem a liews no dësem Motto
- ☐ du kanns all Mënsch mat sengen Stärkten abannen
- ☐ du plangs Bonne Action'en zesumme mat denger Patrull / Trupp a féiers dës duerch
- ☐ du liews Demokratie an der Patrull an Trupp fir



**Patrullebadge**

- ☐ du plangs eng Versammlung zesummen mat denger Patrull a féiers dës duerch
- ☐ du baus eng Patrullenkichen a geréiers deng Patrullekëscht
- ☐ du iwwerlees dir e Patrullekreesch an e Patrullefändel zesummen mat denger Patrull
- ☐ du féiers e Patrulle-Blog / Klasseur an dokumentéieren alles
- ☐ du plangs eng Patrullensortie a féiers dës duerch
- ☐ du mëss en Knuettableau als Patrull

## KOMMUNIKATOUN



**IT**

- ☐ du weess wéi een eng Mail mat Unhang schreift
- ☐ du schreifs e Rapport um Computer fir an de Patrulle-Blog
- ☐ du weess wéi ee Word a PowerPoint benotzt
- ☐ du weess wéi een eng sécher Recherche um Internet mëscht
- ☐ du weess wéi een eppes um Memorystick / Cloud ofspäichert
- ☐ du weess wéi ee sécher am Internet ënnerwee ass



**Animateur**

- [ ] du kenns dräi Scoutslidder a bréngs denger Patrull se bäi
- [ ] du kenns dräi Spiller (mindestens 1 neit) a spills se mat denger Patrull
- [ ] du erfënns en eegent Lidd op eng bekannte Melodie
- [ ] du plangs eng Véillée a setz se ëm (Spiller, Sketcher a Lidder)
- [ ] du kanns e Grupp während 45 Minuten animéieren




**Reporter**

- [ ] du kanns e Patrulle-Blog geréieren
- [ ] du weess wéi ee korrekt telefonéiert an deng Patrull informéiers
- [ ] du kanns e proppere Bréif opsetzen
- [ ] du mëss Fotoen an Videoen vun den Aktivitéite an mëss se an den Patrulleklasseur / Blog
- [ ] du mëss en Interview (mam Gruppechef / Präsident vum Grupp / Commissaire FNEL)
- [ ] du schreifs en Artikel/Rapport fir den Grupp



**Signalisatioun**

- [ ] du kenns Funkzeechen & -reegelen
- [ ] du kenns fënnef Geheimschrëften a weess se ze notzen
- [ ] du baus e Morseapparat mat Luutsignaler/ Päif a mors iwwert Distanz mat denger Patrull




## Knëschler

- [ ] du benotz verschidde Materialien fir e Projet / eng Bastel (Gips, Stehen, Holz, Pabéier)
- [ ] du lees e Patrulle-Blog un a gestals dësen kreativ
- [ ] du mëss Fotoen a Videoen
- [ ] du kenns zwanzeg verschidde Materialer fir ze knéchelen
- [ ] du organiséiers deng Patrullekëscht a completéiers se falls néideg
- [ ] du kanns Aarbeschte fir d'Patrull maachen a coordinéieren
- [ ] du mols oder bastels e Patrullefändel
- [ ] du kanns Fleckaarbeschte maachen an mëss Upcycling vun Alldagsgéigenstänn



## Konstruktiounen

- [ ] du weess wéi een eng Konstruktioun sécher opriicht an dat och ëmsetz
- [ ] du kanns eng Patrullekiche opbauen
- [ ] du kanns eng Kichen propper ofbauen
- [ ] du kenns fënnef Kniet fir Konstruktiounen
- [ ] du weess wéi ee Seeler an der Rei hält a propper lagert
- [ ] du gëss aanere Scouten däi Wëssen weider
- [ ] du riichts e Fändelsmast op



**Schwëmmer**

- [ ] du kanns zwee verschidde Schwammstiler opzielen an weisen
- [ ] du kanns 15m tauchen
- [ ] du kanns 15 Minutte zum Stéck schwammen
- [ ] du kenns d'Reegelen beim Schwammen an allgemeng beim Waasser
- [ ] du kenns zwee Waasserspiller



**Sportler**

- [ ] du kenns Spillreegelen vun fënnef Equippesportaarten a kanns e Spill an dësen Sportarten leeden
- [ ] du kanns e Spill fair leeden an erklären
- [ ] du organiséiers eng Mini-Olympiade mat jidderengem senge Stärkten a féiers se duerch
- [ ] du mëss niewend de Scouten eng sportlech Aktivitéit d'Woch iwwert en Zäitraum vun zwee Trimester
- [ ] Du wees wéi een sech waarm mëcht an dehnt



**Orientatioun**

- [ ] du kanns d'Kaart, Kompas a Réimer richteg benotzen
- [ ] du hëls un engem Trajet an engem Hike deel
- [ ] du kenns d'Weebezeechnungen kennen (signes de pistes)
- [ ] du mëss e Croquis vun engem Trajet vun 2 km, deen's de virdrun ofgaange bass

## Earth Tribe

Fir de globalen Ëmweltproblemer entgéint ze wierken an sech un d'Ziler vun der Welt (Sustainable Developement Goals, genannt SDG's) unzepassen, huet WOSM am Mee 2020 en neie Ëmweltprogramm lancéiert: den Earth Tribe.

Dëse Programm soll de Scouten hëllefen, sech op dat Wesentlecht ze konzentréieren, méi nohalteg Décisiounen ze huelen a sech fir ee Beräich ze engagéieren. Hei hues du elo dräi verschidden Kategorien, wou's du dech asetze kanns:

**Naturchallenge**

Dësen Challenge ass a Kooperatioun mat WWF (World Wide Fund For Nature) entstanen. Et geet drëms als Scout en aktiven Member vun der Weltgesellschaft ze sinn a méi iwwert d'Natur, d'Biodiversitéit an en nohaltegen Liewensstil ze léieren. Hei entwéckels de bestëmmte Kompetenzen, déi der hëllefen en Ënnerscheed ze maachen a dech responsabel Vis-à-vis vun denger Ëmwelt ze behuelen.

**Plastic challenge (Ocean Challenge)**




Dësen Challenge ass en Kooperatioun mat der UN (Vereenten Natiounen) entstanen. Et geet drëms als Scout eng aktiv Roll an der Bekämpfung vum Plastik-Problem unzehuelen.

Als Scout, solls du léieren, wat den Impakt vun dengem Plastikkonsum op d'Emwëlt ass a wat fir Problemer dëst fir d'Gesellschaft huet. Du solls probéieren, däi Konsum unzepassen an denger Famill an denge Frënn aner Méiglechkeeten ze weisen.

**Solarchallenge**




Dësen Challenge ass en Kooperatioun mat Solafrika entstanen. Den Haaptfokus vun dësem Solarbadge läit op nohalteger Energie.

Du solls hei verschiddene Méiglechkeeten vun Energiequellen kënne léieren, sou haaptsächlech d'Sonn. Dëst Wëssen solls du mat denge Frënn an denger Famill deelen an dech aktiv an der Gesellschaft asetzen, fir nohalteg Energiequellen responsabel ze notzen.

## Sensibadge

D'Zil vum Sensibadge ass et, datt dir iech mat der Aarmut an de sozialen Ongerechtegkeeten Heiheem oder an engem Entwécklungsland ausernaner setzt.

Sicht iech e Thema hei zu Lëtzebuerg an/oder an engem Entwécklungsland eraus.

Scoutsbranche (11-13 Joer)

Wann Dir Iech en Thema erausgesicht hutt, da fëllt den Umeldungsziedel vun der ONGD FNEL aus, a gitt dee virum Ufank vun ären Aktivitéiten eran.

D'Aktivitéite fir de Sensibadge sollen an der Patrull stattfannen. Zesumme sollt dir iech en Thema eraussichen an dozou 3 Reuniounen, 2 Sortien oder 1 Weekend organiséieren.

Ofschléisse sollt dir mat enger BA zu dësem Thema.

Dokumentéiert är Aktivitéiten an engem flotten Dossier mat Fotoen an ären Iwwerleeungen a gitt deen da virum 15. Juni bei der ONGD of.

# 5. Meng Scouts-Zäit

## Meng Patrull

### 1. Joer

Numm: ____________________________________________

Kreesch: __________________________________________

| Numm | Charge |
|---|---|
| | |
| CP: | |
| SP: | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

## 2. Joer

Numm: ______________________________

Kreesch: ______________________________

| Numm | Charge |
|---|---|
| | |
| CP: | |
| SP: | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

## 3. Joer

Numm: ______________________________

Kreesch: ______________________________

| Numm | Charge |
|---|---|
| | |
| CP: | |
| SP: | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |
| | |

## Meng Cheffen

| Numm | E-mailaddress | Telefonsnummer | |
|---|---|---|---|
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |

## Meng Progressioun

| | Datum | Ënnerschrëft Chef | meng Ënnerschrëft |
|---|---|---|---|
| Tenderfoot | | | |
| 2. Klass | | | |
| 1. Klass | | | |

## Meng Badger

| Badger | Datum | Ënnerschrëft Chef | meng Ënnerschrëft |
|---|---|---|---|
| Handkesselchen | | | |
| Cycliste | | | |
| Eischt Hëllef | | | |
| Naturfrënd | | | |
| Survival | | | |
| Nohaltëgkeet | | | |
| Meteo/ Astronomie | | | |
| Kachen | | | |
| Teamwork | | | |
| Patrullebadge | | | |
| IT | | | |
| Animateur | | | |
| Reporter | | | |
| Signalisatioun | | | |
| Knëschler | | | |
| Konstruktioun | | | |
| Schwëmmer | | | |
| Sportler | | | |
| Orientatioun | | | |

## Meng Montée:

Datum: ______________________ Wou: ______________________________

Rapport & extra Momenter:

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

## Mäin Verspriechen:

Datum: ______________________ Wou: ______________________________

Rapport & extra Momenter:

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

_______________________________________________________________

## Meng Campen

Datum: ______________________ Wou: ______________________________

Rapport & extra Momenter:

Datum: ______________________ Wou: ______________________________

Rapport & extra Momenter:

## Meng Campen

Datum: ______________________ Wou: _____________________________

Rapport & extra Momenter:

Datum: ______________________ Wou: _____________________________

Rapport & extra Momenter:

# Inhaltsverzeichnis


## 1. Scoutismus 5

**1.1. Baden-Powell (BP), Grënner vun de Scouten a Guiden 5**

Säi Liewen 5

Dem BP seng Zieler 7

Dem BP seng Methoden 7

Dem BP säi leschte Bréif 11

Wat setz du dir fir déng Scoutszäit als Zil? 13

**1.2. Internationale Scoutismus 13**

WOSM 13

**1.3. D'FNEL 19**

D'Grënnung vum Scoutissem zu Lëtzebuerg 19

D'Grënnungsmembere vun der FNEL 20

Wichteg Datumer 20

D'Gruppe vun der FNEL 25

Eisen Home 31

Camps fédéraux 32

**1.4. FNEL Fleur de Lys 34**

**1.5. Uniform 35**

**1.6. Ritualer 36**

**1.7. ScoutsABC 38**

## 2. Meng Branche 42

**2.1. De Scoutsgrouss 42**

**2.2. D´lénks Patt 42**

**2.3. D'Scoutsgesetz 44**

**2.3. Scoutsverspriechen** **47**

**2.4. Wat ass d'Trupp** **50**

**2.5. Wat ass d'Patrull?** **50**

**2.6. Wat ass de Chef?** **51**

**2.7. Material** **51**

Perséinlecht Materialslëscht als Scout 53

Schong 53

Patrullenmaterial 57

## 3. Scoutstechniken 59

**3.1. Geheimschrëften** **59**

Morse 59

Code grillé 60

Code chinois 60

Code pointillé 61

Code BAC 61

Spigelschrëft 62

Code chiffré 62

Code inverse 63

Indianerschrëft 64

**3.2. On tour** **65**

Zelt 65

Opriichten: 65

Biwak 70

Hike 73

D'Spullstrooss 74

Holzhaën 75

Feier 78

**3.3 Kachen** 85
Rezepter 86
Hygiène um Camp 89

**3.4. Kniet** 91
Aachter Schléng 91
Brellagen 92
Duebelen Aachter-Knuet 92
Fëscherknuet 93
Foulardsknuet 93
Frëndschaftsknuet 95
Wiewerknuet 95
Platte Knuet 96
Rettungsschléng 96
Seelverkierzung 96
Spaaner 97

**3.4. Konstruktioun** 98
Trepied 98
Kichen 104

**3.5. Eischt Hëllef** 106
Schnëttwonn / Schürfwonn 108
Verstauchung 108
Insektenstëch 108
Zecken 109
Bloderen 109
Nuesen Bluddung 110
Verbrennungen 110
Schocklagen 111
Otemnout 111
Stabil Säitelag 112

Wat kennt an eng Patrullenaptikt? 113

**3.6. Orientatioun** **114**

Kaarten 114

Kompass 119

De Croquis 127

Buedemzeechen 131

Koordinaten 133

**3.7. Natur** **137**

De Bësch 137

Dé heefegst Beem, Blummen an Kräider an eisen Bëscher 137

D'Déieren an eiser Natur 143

Vullen 152

**3.8. Astronomie a Meteorologie** **156**

Astronomie 156

Meteorologie 160

**3.9. Lidder** **163**

Scoutslidder 163

Ban'en 164

Beweegungslidder: 165

**3.10. Spiller** **167**

## 4. Progressioun 168

Tenderfoot 168

2. Klass 170

1. Klass 172

Badger 174

Earth Tribe 183

Sensibadge 185

## 5. Meng Scouts-Zäit 186

Meng Patrull 186
1. Joer 186
2. Joer 187
3. Joer 188
Meng Cheffen 189
Meng Progressioun 189
Meng Badger 190
Meng Montée 191
Mäin Verspriechen 191
Meng Campen 192

# Merci

D'Lara Schneider huet d'Illustratiounen an de Basislayout vum Bichelchen ausgeschafft.

D'Sally Leen huet am Kader vu senger Woodbadgeaarbecht Grondkonzept opgestallt an Texter vum ale Bichelchen inhaltlech opgeschafft an adaptéiert.

Den Tom Leclerc an d'Julie Bové hunn alles am Kontext vun dem Projet "Zesumme Wuessen - FNEL 2020" ugepasst, déi nei Sujete dobäigeschriwwen, d'Koordinatioun gemaach a probéiert all Tippfeeler a Schreiffeeler ze fannen.

D'Caroline Maitry huet als Scoutscommissaire d'Inhalter all kontrolléiert a säi Wësse bäigesteiert.

D'Carolyne Milne huet an den Archiven duerchsicht a jiddereen ëmmer rëm op Detailer gestouss.

Mir soe jidderengem, dee matgehollef huet mat konstruktiver Kritik, Fotoen, Konstruktiounen a virun allem Zäit, villmools Merci.

Erausginn vun der FNEL September 2020

fnel scouts & guides

D'Mise en Page gouf gemaach vum Fabienne Enzinger (Atelier graphique)

Gedréckt gouf Scoutsbichelchen duerch d'Imprimerie Centrale

## Notizen

## Notizen


1
2
3
4
5
6
7
8
9
10
11
12
13
14
15
16